

à la maison travaillant en structure d'accueil et n'ayant pas d'enfant propre pour que ça ne soit pas pris de son congé annuel

Dépôt : Lindsay Gonzalez, le 19.03.2020

**1527** - Demande de pétition publique : Suspension du paiement des prêts immobiliers et des prêts personnels suite à l'urgence du coronavirus

Dépôt : Martinetto Massimo, le 19.03.2020

**1528** - Demande de pétition publique : Campagne massive et continue de dépistage du coronavirus Sars-CoV-2 (Covid-19)

Dépôt : Ivan Stupar, le 19.03.2020

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

### 3. Ordre du jour

Den Ordre du jour, sou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

#### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

### 4. 7534 - Projet de loi portant prorogation de l'état de crise déclaré par le règlement grand-ducal du 18 mars 2020 portant introduction d'une série de mesures dans le cadre de la lutte contre Covid-19

Dir Dammen an Dir Hären, d'Land ass mat enger aussergewöhnlecher Situatiounkonfrontéiert, déi aussergewöhnlech Mesuren erfuerdert huet. Während engem État de crise bleift d'Chamber voll handlungsfäeg. Esou gesäit et den Artikel 32 (4) vun der Constitutioun vir. Zemoos an engem Krisennoutstand si rechtsstaatlech Prinzippié méi wichteg wéi jee. Zemoos an engem Krisennoutstand ass d'Kontrollfunctioun vun der Chamber fundamental. D'Chamber wäert hir Responsabilitéit do och voll a ganz wouerhuelen.

Datt mir eis op Basis vun enger Decisioun vun der Conférence des Présidents op engem Samschdeg haut treffen, weist dat och. D'Chamber léisst sech awer net dierängelen. Et geet drëms, de grouse Gesondheitsrisiko, deem eis ganz Gesellschaft ausgesat ass, an de Grëff ze kréien. D'Chamber wëllt an deem Sënn mam gudder Beispill virgoen. Dowéinst sëtze mir haut och méi wäit auserneen. Dowéinst kënnen ab nächster Woch déi parlamentaresch Kommissiounsreuniounen per Videokonferenz gemaach ginn. Dofir ass bal déi ganz Administratioun vun der Chamber, dat si bal honnert Leit, am Teletravail.

Mir si méi wäit auserneen, mee mir sti méi enk zesumme wéi jee virdrun. Och mat deenen aneren Institutiounen vum Staat. An dësem Kontext wëll ech bemerken, datt d'Regierung vun Ufank un d'Chamber an hir Decisiounen agebonnen huet. An deem Sënn stinn ech och dëser Deeg am enke Kontakt mam Staatsrot. D'Conférence des Présidents ass bis elo ganz systematesch am Virfeld informéiert ginn iwwert d'Entscheidungen, déi d'Regierung wollt huelen. Zweemol sinn de Premierminister an déi zwee Vizepremieren an d'Chamber komm, ier den État de crise ausgeléist gouf, ier d'Reglement mat alle Mesuren, fir de Virus ze bekämpfen, ugekënnegt gouf. D'Regierung stoung eis du scho Ried an Äntwert, sou wéi och haut. A Krisenzäiten ass den Dialog tëschent den Institutiounen esou wichteg wéi eh und je. Ech huelen Akt dervun, datt d'Regierung vun Ufank un dee Wëlle bewisen huet.

De Projet de loi 7534, zu deem mer elo kommen, erméiglecht eng Verlängerung vum Noutstand, dee virun e puer Deeg ausgeruff ginn ass, op déi nächst dräi Méint. Fir déi recommandéiert Sécherheetsdistanzen ze respektéieren, ginn haut, wéi dat och schonn den Dëschdeg de Fall war, jeeweils zwee Sëtzer tëschent all Deputéierte fräigelooss. Déi aner Kolleeгинnen a Kolleege suivéieren d'Sitzung aus Kommissiounsraim a si mat eis verbonnen. D'Kolleeгинnen a Kolleege, déi zu vulnerabele Kategorië gehéieren an net hei sinn, sinn automatesch entschëllegt.

Et sief drop higewisen, datt de Vott vun dësem Projet de loi den Dispositioun vum Artikel 114 vun der Verfassung no erfollegt. Eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen ass deemno erfuerdert, an de Vote par procuration ass net erlaabt. D'Riedezeit ass nom Modell 1 festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Matbiergerinnen a Matbierger, den Doneschdeg, den 19. Mäerz huet eise Premier de Projet de loi 7534, deen den État de crise hei am Land soll verlängeren, an der Chamber deponéiert. De Freideg de Moien huet de Staatsrot dëse Projet aviséiert. De Freideg de Mëtten huet eis Institutiounskommissioun mech als Rapporteur genannt, huet de Gesetzesprojekt analyséiert, de Bemerkunge vum Staatsrot Rechnung gedroen an de Rapport vun der Chamber, no konstruktiven Diskussiounen a mat enger Rei vu pertinenten Ännerungen, eestëmmege uegholl.

De Rapport hat ech, an Ofsprooch mat menge Kolleeгинnen a Kolleege aus deene verschidene Fraktiounen, zesumme mat der Madamm Closener preparéiert, well, jo, vu d'Urgence, dat huet misse ganz séier geschéien.

Haut um Samschdeg Mëtten diskutéiere mer dëse wuel wäitreechendste Projet vun deene leschte Jorzéngten an der Plenarsëtzung a wäerten dann doriwwer ofstëmmen.

Fir Rechtskraaft ze kréien, brauch dëse Projet eng Zweedrëttelmajoritéit. Méi schnell, an dofir hunn ech direkt am Ufank déi eenzel Etappen opgezielt, méi schnell kann een net legiferéieren. A well dat net ëmmer méiglech ass, d'Situatioun, an där mir haut sinn, dat awer verlaangt, musse mer op de Wee vun den aussergewöhnleche Pouvoire fir d'Regierung an de Grand-Duc iwwergoen, déi elo schonn zënter e puer Deeg iwwer e Règlement gëllen, mee déi iwwer e Projet de loi, iwwer e Gesetz musse verlängert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn aktuell mat enger nationaler an internationaler Kris konfrontéiert, mat Konsequenzen, wéi mer se säit dem Zweete Weltkrich net kannt hunn. De Coronavirus oder Covid-19 mécht vill Leit op der ganzer Welt krank, ass verantwortlech fir Dausenden Doudesfäll an huet dramatesch Auswierkungen op eisen Alldag. Och bei eis schléit en zou. A jiddweree kann dovu getraff ginn, déi eng méi, déi aner manner.

Dat ass eng brutal Realitéit. Mee och wann et bis haut keen Impfstoff oder Medikament géint de Krankheetsreeger gëtt, si mer em net wierlos ausgesat. Well, an dat ass déi lescht Woch hei schonn op der Tribün gesot gi vum Georges Engel, mer hunn eppes, wat de Virus net huet: Mir hunn eise Verstand, mat deem mer de Wettlaf mam Virus kënnen gewinnen! An eise Verstand an eis Vernunft soen eis, dass d'Rette vu Mënscheliwen an eis Gesondheet absolutt Prioritéit hunn.

Ech hunn dat Wuert Course oder Wettlaf net fir näischt gebraucht, well de Facteur Zäit, d'Schnellegkeet vun eiser Reaktioun, den Zesummenhalt vun eiser Gemeinschaft, d'Solidaritéit, eis Entschlossenheet an eis Disziplin entscheedend sinn. A genee dat ass de Grond, fir wat mer haut zesumme sinn, fir de Krisenzoustand, an deem mer sinn, ze verlängeren, an der Regierung zousätzlech maximal dräi Méint ze ginn, fir schnellstméiglech déi noutwendeg, der Situatioun ugepassten, also verhältnisméisseg Moosnamen ze ergräfen, déi d'Chamber innerhalb vun esou kuerzen Zäiten net kann decidéieren. Déi Krisereglementer kënnen bestoend Reglementer a Gesetzter ofänneren oder nei Mesuren iwwert de Règlement d'urgence aféieren.

Et ass awer net esou, dass d'Chamber elo ausgerangéiert oder ausgeschalt gëtt. Si behält während der ganzer Period hir voll Handlungsfäegkeet fir ze schaffen, ze legiferéieren, dat och a Matière, déi d'Kris betreffen, wann dat net an evidenter Urgence muss geschéien.

Den Objet vun deem Gesetz mat nëmmen zwee Artikelen, mat zwee kuerzen Artikelen, déi et awer a sech hunn, ass also ganz kloer: De Krisenzoustand, wéi en duerch groussherzoglecht Règlement op Basis vum Artikel 32 (4) vun eiser Verfassung den 18. Mäerz deklaréiert gouf an nëmmen eng Dauer vun zéng Deeg ofgedeckt huet, gëtt op Basis vun deem selwechten Artikel 32 (4) iwwer e Gesetz, dat mat Zweedrëttelmajoritéit gestëmmt muss ginn, ëm maximal dräi Méint verlängert. Well mer dat Gesetz esou séier verofschiden, reduzéiere sech déi ursprénglech zéng Deeg ëm e puer Deeg. Hei kann also maximal déi puer Deeg plus dräi Méint de Krisenzoustand gëllen.

Do kann een duerchaus driwwer diskutéieren, ob een direkt déi dräi Méint hätt solle bewëllegen oder mat engem oder zwee Méint hätt sollen ufänken. Fait ass, dass, wann d'Kris virun deenen dräi Méint eriwwe ass, dann déi Period do verkierzt gëtt duerch d'Regierung oder jidderzäit och duerch d'Parlament per Gesetz. Am anere Fall, hätte mer der Regierung nëmmen een oder zwee Méint ginn an d'Kris hätt méi laang gedauert, dann hätte mer fir eng

Verlängerung jeeweils en neit Gesetz misse stëmmen, an et weess keen, ob mer dat ënner gudder Konditiounen och esou hätte kënnen maachen.

Eis Institutiounskommissioun ass mat op de Wee gaang vun den dräi Méint, insistéiert awer drop, dass, wann d'Urgence duerch d'Entwëcklung vun de Faiten um Terrain net méi ginn ass, déi Sondervollmachten direkt opgehuewe ginn. An ech mengen, do gëtt et keng Kontradiktioun tëscht der Chamber an der Regierung. Do si mer eis alleguer eens. Eng Regierung insistéiert net op Sondervollmachten, wann een dat ënner gudder Konditiounen zesumme mam Parlament ka maachen. Dat wësse mer, dat hu mer an deene leschte Wochen a Méint och esou gesinn.

Also, ech hu virdrun drop insistéiert: D'Chamber ass net ausgeschalt. Mir sinn eis eens a bréngen och zesummen herno eng deemspriechend Motioun eran, wou mer am enke Kontakt mat der Regierung de Suivi vun deene verschidene Moosname wäerte maachen. Dat heescht also, d'Chamber an d'Regierung wäerten och an deem Krisenzoustand ganz, ganz enk zesummeschaffen. Mir wëllen dat, an d'Regierung wëllt dat manifestement och. Dat huet se an deene leschte Wochen an an deene leschten Deeg bewisen.

De President huet zu Recht dorop higewisen, dass eng ganz Rei vun interinstitutionellen Diskussiounen stattfont hunn, wéi mer am beschte kënnen mat där Kris ëmgoen. An esou soll et och bei eis sinn. Et ass also sécher kee Blankoscheck, e Blankoscheck, deen d'Regierung och net wëllt.

Wéi mer deen neien Artikel 32 (4) vun der Verfassung virun dräi Joer hei an der Chamber gestëmmt hunn, deen de Begrëff Kris och op eng national Kris ausgedeeent huet an de Rôle vun der Chamber gestärkt huet, huet wuel keen dermat gerechent, dass mer en esou séier géife brauchen an et esou sënnvoll war, dass mer déi Deelverfassungsreform virgezunn hunn.

Virun dëser Reform vun 2017 hate mer iwwer honnert Joer laang d'Praxis vun de sougenannte Vollmachten iwwert d'Lois d'habilitation, déi mer all Joer am Dezember mat engem Spezialgesetz fir ee Joer un d'Regierung ginn hunn. Duerno hu mer eis am Joer 2005 de Virgänger vun eiem jëtzege Artikel 32 (4) ginn, deen d'Vollmachtesgesetz ersat huet an insgesamt zweemol gebraucht gouf, zweemol innerhalb vun zwielef Joer, ëmmer am Zesummenhang mat der Finanzkris 2008 an 2011, wou et drëm gaang ass, fir Banken ze retten an dem Finanzsektor an enger manifester Kris ënnert d'Äerm ze gräfen.

2017 hu mer eis dann dee jëtzege Artikel 32 (4) ginn, mat am Hannergrond deene bluddegen Attentater zu Paräis. A mir hunn et domat méiglech gemaach, a manifeste Krisen, déi eng real Bedrohung vun de vitalen Interesse vun der ganzer Bevëlkerung oder Dealer dovu sinn, kënnen ze reagéieren. Mir hunn domat en Deel aus der geplängter Verfassungsreform virgezunn.

De Champ d'application vun dem Krisebegrëff ass also méi breet definéiert ginn a gläichzäiteg ass d'Roll vun der Chamber, d'Interventioun vun der Chamber, an dëser Ausnahmeprozedur gestärkt ginn.

Et ass ganz kloer, dass d'Ausnamesituatioun, d'Urgence, nëmmen da spillt, wann d'Chamber net an der Lag ass, an deenen noutwendegen, ganz kuerzen Delaien ze legiferéieren. Dat seet d'Urgence! Wann et eng Urgence gëtt, musse mer urgent reagéieren. An dat ass méiglech bei engem Gesetz, dat zwee Artikelen huet, dat déif gräifend ass, mee awer relativ einfach gestréckt ass. Et ass awer net ëmmer méiglech a Gesetzter, déi vill méi komplex sinn a wou déi normal Prozedur, egal wéi schnell mer wëlle sinn, et net erlaabt, fir an deenen noutwendegen Delaien ze reagéieren. Also nëmmen dann, wann et eng Fro vu Stonnen, Deeg, heiansdo Wochen ass, musse mer iwwert deen heite Wee reagéieren. An dat ass jo an där haiteger Situatioun manifestement de Fall.

Et wäert jo kee bestreiden, dass mer haut eppes erliewen, wat mer nach ni erlieft hunn. Et brauch ee just a Richtung Italien ze kucken, wann een net esou wäit wëllt kucke wéi China. Do geet eng richteg Dampwalz iwwert dat Land. Dee Virus ass zwar kleng, mee e mécht de Schued vun engem Flächebrand, an dat soll ee sech bewusst sinn, wann een déi heite Situatioun verniidlecht.

Ech hu jiddefalls an deene leschten Deeg - de Message ass ukomm! - kee méi héieren, dee gesot huet: „Dat do, dat ass net eescht, dat ass net eppes, wou mer mussen schnell zesummen a konsequent reagéieren.“

Mat deem heite Gesetz maache mer och keng Délégation de pouvoir un d'Exekutiv. D'Chamber bleift och während der Krisenzäit voll operationell an hire legislative Kompetenzen, kann

also jidderzäit agräifen als Kontrollorgan vun der Exekutiv. D'Chamber ka während dem État de crise net opgeléist ginn an d'Regierung ka selbstverständlech net d'Verfassung änneren.

Wichtig ass och nach, dass d'Reglementer, déi d'Regierung en urgence an där Ausnamesituatioun hëlt, och jidderzäit der Kontroll vun de Gerichter ënnerleien. De Rechtsstaat ass also kengesfalls a Klammere gesat. Och sinn déi Règlements d'urgence, déi d'Regierung an der Krisesituatioun kann huelen, hifälleg, wann d'Gesetz iwwert den État de crise no spéitstens dräi Méint ausleeft oder wann den État de crise virdrun als bëendegt, als eriwwe erkläert gëtt.

Duerfir ass et och wichtig, elo schonn, sou wäit wéi dat méiglech ass, an ech ënnersträichen, sou wäit wéi dat méiglech ass, well hei gëtt et keng Glaskugel, déi eis seet, weini dass d'Kris eriwwe ass, an och keng Glaskugel, déi eis seet, wat muer no der Kris noutwendeg ass, mee sou wäit wéi dat méiglech ass, elo schonn déi Zäit no der Kris ze preparéieren an och derfir ze suergen, dass déi selwecht Solidaritéit, déi elo verlaangt gëtt, bei de Folge vun der Kris spillt.

Ech mengen, mir hunn haut gesinn, wat ee vläicht soss als selbstverständlech gesäit, dass eist Land weiderdréit, well mer Leit um Terrain hunn, déi net vierdergrënneg no sech kucken, mee nom Interêt vun der Gemeinschaft, an derfir suergen, dass dat Land hei weiderdréit. Mir gesinn och, dass d'Betribler, déi als formidable Betribler ugesi ginn, dass déi op eemol a ganz grouss Schwierigkeete kommen. Mir gesinn, dass d'Gefor do ass, dass Lei hir Aarbecht verléieren.

Jo, mir sinn an där Kris hei solidaresch. Mer musse sou solidaresch bleiwen, wann déi Folge vun der Kris voll ofschätzbar sinn. A mer dierfen eigentlech - an ech hunn dat an deene leschten Deeg ëmmer an ëmmer erëm héieren, sief dat vun dësen Bänken, sief dat vun deene Bänken, sief dat vun de Regierungsbänken -, sou wäit wéi dat iergendwéi méiglech ass, keen am Ree stoe loosson a virun allem net déi Kleng an déi Schwaach, déi an dëser Kris besonnesch och kënnen getraff ginn.

A China, vun do, wou de Virus warscheinlech hierkënt a vu wou mer elo eis Hëllef, déi mir eise chinesesche Matmensche ginn hunn, mat Hëllef vun hinne beäntwert kréien, setzt sech dat Wuert Kris aus zwee Schrëtzeechen zesummen, déi fir Gefor a Geleeënheet stinn. Déi Geforen, deene mer elo ausgesat ginn a sinn, musse mer zesumme bekämpfen an d'Geleeënheet fir ze beweisen, datt mer eng solidaresch Gemeinschaft sinn, och notzen.

An deem Sënn bieden ech d'Chamber, deen heite Projet de loi, an Dir hutt et vläicht gemierkt, deen ech mat ziddrege Knée presentéiert hunn, well et wierklech a mengen Aen deen déifgräifendste Projet ass, dee mer an deene leschte Joerzénge, an ech sinn eng laang Zäit dobäi, wäerte stëmmen, bieden ech lech, dee Projet ze ënnerstëtzen, well en déi Äntwert gëtt, déi mer musse ginn op eng Situatioun, déi, änlech wéi dat Gesetz hei, esou ass, wéi mer nach näischt an deene leschte Joerzénge erlieft hunn.

An nach eng Kéier: De Virus huet kee Verstand! Kommt, mir weisen, dass mir e Verstand hunn!

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!


► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Di Bartolomeo. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen agedroen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President. An och direkt ee grouse Merci un de Rapporteur, den Här Di Bartolomeo, fir säi Rapport, deen, mengen ech, mat Leidenschaft hei virgedroe ginn ass. Mir sinn an enger schlëmmer sanitärer Kris. Dat huet och den Här Rapporteur gesot. An en huet och gesot: „Et ass déi schlëmmste Kris, déi mer hunn zënter dem Zweete Weltkrich.“ An dofir wëll ech haut nach eemol meng éischt Gedanken deene Leit, déi schonns Affer gi si vum Coronavirus, deenen Infizéierten an deene Kranke widmen an och hire Familien an hire Frënn.

An ech muss soen, datt dat, wat an dëser Kris awer u sech Freed mécht, dat ass: Mir hunn zwar eng sanitär Kris, mee mir hunn, Gott sei Dank, keng Solidaritéitskris! Well mir hunn immens vill Leit, déi hëllefen, ob dat an de Gesondheetsberuffer ass, an der Fleg, als Benevoll oder als Berufflecher. An dofir wëll ech all deenen och haut nach eemol villmools Merci soe fir hir virbildlech Leeschtung. Ech mengen, mir kënnen net dacks genuch Merci soen.





► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Här President, ech war dëser Deeg an de Bësch lafen. Eleng! Dat ass douewen och net esou kompliziert.

(Hilarité)

Ech war awer zoufällg engem Här begéint - dat ass schonn e bësse méi aussergewöhnlech - an deen Här, dee sot mer: „Dat heiten ass u sech vill méi schlëmm wéi de Krich, well de Géigner, deen heiten, dee gesi mer net.“ An u sech huet deen Här Recht. Mir gesinn de Géigner net. An awer wësse mer, datt 60 % bis 70 % vun eis wäerten dëse Virus kréien. An dee Virus, deen ass verdammt séier. An et gëllt definitiv an alle Beräicher, d'Course mam Virus opzehuelen. An dat geet nëmmen duerch e resolutt Agéieren - e Reagéiere geet net méi duer - an och duerch e resolutt Regéieren an der Kris.

An ech hunn et schonns e puermol gesot: „De Kontakt tëscht de Leit, dee muss mer op e Minimum reduzéieren!“ An dat ass net esou einfach, well mir sinn e soziaalt Wiesen, wat jo u sech och gutt ass, wat eise Virdeel ass. Mee well et eeben net esou einfach ass, brauche mer eng ganz strikt Ausgangsspar bis hin zu engem Shutdown, wann et muss sinn. Zumindest muss mer heizou zu all Moment prett sinn. An och dat hunn ech de leschten Dëschdeg scho gesot. An dat muss preparéiert sinn, well séier handeln heescht net, aus der Héft eraus schéissen, well da kann een definitiv d'Zil verfeelen. An dat wär an dësem Fall extreem fatal.

Här President, d'Regierung huet elo ee Reglement geholl, fir den Ausgang vun de Leit méi strikt ze reegelen. An dësem Reglement huet de Grand-Duc och iwwert d'Regierung den État de crise ausgeruff, an dat an der Uwendung vum Artikel 32 Paragraf 4 vun eiser Verfassung.

D'Fro, déi mir eis hei mussen stellen, ass: Passt deen Artikel 32 Paragraf 4 op dës Situatioun? An do muss mer zwee Punkte kucken. U sech dat éischt ass: Sinn déi Menacen, déi do sinn, sinn dat Menacen, déi liewenswichtig Interesse vun eiser Populatioun betreffen? An deen zweete Punkt, dee mer muss kucken, ass: Ass d'Chamber elo an der Onméiglechkeet, fir an deenen noutwendegen Delaien ze legiferéieren?

Wann dat nämlech de Fall ass, da kann den État de crise ausgeruff ginn. An ech muss lech soen, datt et leider kloer ass, datt mer et mam Coronavirus mat enger Menace ze dinn hunn, déi eis gesamt Populatioun betrëfft. Ech hunn et schonns gesot: „Mir hunn definitiv déi gréisste sanitär Kris zënter dem Zweete Weltkrich!“ D'Unzuel vun Infizierten hält wierklech rasant zou, och hei zu Lëtzebuerg.

De Méindeg, Ufank vun dëser Woch, hate mer nach 81 Infizierter an 10 hospitaliséiert Fäll.

Den Dëschdeg stounge mer och hei an der Chamber, dunn hate mer deen éischten Doudegen, mer haten 140 Infizierter, 6 Hospitaliséierter an 1 op der Intensivstation.

Gëschter elo hu mer scho 5 Doudeger, 484 Infizierter, 16 bis 37 Hospitaliséierter an 3 Leit op der Intensivstation.

Dat sinn dramatesch Zuelen. Mer hu fënnemol oder sechsmol méi Infizierter gehat an e puer Deeg. Haut hu mer der schonns 670 an 8 Doudeger.

An da muss ech soen, datt dobäi déi Statistik jo nach ze relativéieren ass, well mer, an dat hu mer schonn e puermol hei gesot, definitiv nëmmen Tester maache bei deene Leit, déi däitlech Symptomer hunn. Mer hunn also warscheinlech weesentlech méi Infizierter.

An erlaabt mer just hei, eng kleng Klammer ze maachen, well ech awer de Mëtteg, ech hunn zwar net de ganze Background gelauschert, mee ech hat zum Schluss, wéi ech aus der Garage komm sinn, op eemol d'Gefill, wéi wa mer leider op e puer Plazen net ëmmer alles gesot kréien.

Well mir hunn de leschten Dëschdeg hei gefrot gehat: Firwat ginn net méi Tester gemaach? Mer haten u sech d'Regierung opgefuerdert, méi Tester ze maachen. Dunn hu mer erkläert kritt, et wäeren u sech international Normen, mir géifen eis dorun halen. An ech hunn awer elo de Mëtteg, wann ech dat richtig verstän hunn, den Här Bausch héieren: „Wa mer méi Tester hunn, da maache mer och méi Tester!“ Ech wëll just wëssen: Wat ass richtig? Ech kréie jo herno vläicht eng Antwort.

Ech kommen awer elo erëm zrëck op d'Verfassung respektiv op d'Konditiounen, fir den État

de crise ze deklaréieren. An do muss ech soen: „Jo, d'Menace fir eis Populatioun ass eenditeg!“ Dat heescht, dee Krittär vum État de crise ass leider ginn.

A meng zweet Fro, déi mer eebe mussen stellen: Ass d'Chamber an der Onméiglechkeet, fir an den Délais appropriés ze legiferéieren? Och dës Fro ass u sech virum Hannergrond vum Corona just rhetoresch, well d'Ustiechungskurv kënnt Der kucken, déi entwéckelt sech exponentiell. An eis normal Instanzeweeër, déi sinn definitiv linear a vill ze vill lues, fir datt mer iergendwéi dem Virus kéinten do matzäit Steng an de Wee leeën.

Well eis normal legislativ Prozedur, déi gesäit keng Urgenceprozedur vir. Mer mussen iwwert de Staatsrot fueren, wat jo och gutt ass! De Staatsrot gëtt säin Avis. Et komme vläicht nach eng Kéier e puer Opposition-formellen. Dann dauert dat Ganzt Méint. Dat ass am Normalfall gutt, well mer brauchen eng ofgeséichert Prozedur. Mee hei ass keen Normalfall. Mir sinn am Krisemodus! Also muss och eise Staat an de Krisemodus. A Gott sei Dank, erlaabt eis Verfassung dëse Schrëtt.

Och déi zweet Konditioun, datt ouni État de crise net kann an den noutwendegen Delaie legiferéiert ginn, ass also erfüllt. Mer hunn also eng Urgence am Sënn vum Artikel 32 (4).

Här President, op mer elo d'Course géint de Virus kënne gewannen, dat weess ech net. Mee op jidde Fall muss mer eis alleguer d'Moyene ginn, fir zumindest déi Course kënne unzegoen an net als ze vill ongläich Géigner unzegoen.

An dann drëttens, an dat ass, mengen ech, och wichteg, kritt d'Regierung mat der Deklaratioun vum État de crise u sech méi Rechtssécherheet - net nëmmen d'Regierung, mee och d'Leit. Well bis elo war d'Regierung u sech éischter e bëssen an enger Grozon, am rechtlichen Niwwel, well virum Krisereglement ass jo trotzdem relativ vill kommunizéiert ginn, mee et war u sech keen, ech soen elo emol einfach, „hard law“ do. Well och d'Gesondheitsministersch sot, wéi se hiren Arrêté vum 16. März 2020 virgestallt huet, si hätt eng Base légale fonnt. Mee si sot awer och, se wësst net ganz sécher, wéi vill déi Base légale géif daachen. An ech mengen, si sot dat, wat du vill Leit geduecht hunn, nämlech: „Net vill!“ An hei mat der Deklaratioun vum État de crise kréie mer eng besser gesetzlech Ofsécherung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, alleguer déi verfassungsrechtlech Konditiounen sinn also ginn, fir den État de crise ze confirméieren. Alles aneres wär onverantwortlech, och grad als Volleksvertreder. Ech hunn dat schonn den Dëschdeg gesot: „Mir sinn an enger Kris, mir hunn eng Urgence, mir mussen ganz séier aschneidend Mesuren huelen an och kënnen huelen.“ Eisen Instanzewee ass ze lues. Duerfir wäert et net un der CSV scheitern! D'Regierung muss d'Moyene kréien, fir kënne séier ze reagieren! An duerfir seet d'CSV eendeiteg jo zum maximale Schutz vun de Leit an domadder och zum État de crise.

Dir Dammen an Dir Hären, och de Rapportier huet dat scho gesot gehat: „Laut Verfassung muss d'Chamber innerhalb vun zéng Deeg zesummekommen, fir den État de crise dann ze verlängeren.“ Duerfir si mer haut hei.

Zweetens muss dëst vun enger breeder parlamentarescher Majoritéit gedroe ginn, enger Zweedréttelmajoritéit, also enger Majoritéit, déi gemengerhand an och hei wäit iwwert d'Regierungsmajoritéit erausgeet, wat och wichteg ass, well een État de crise an och eng Verlängerung, déi soll een net lichtfankeg beschléissen.

Bon, dëse Projet de loi gesäit elo eng Prorogatioun vum État de crise vun dräi Méint vir, also vun där maximaler Zäit, déi laut Verfassung méiglech ass. An och dës Decisioun dierf een net lichtfankeg huelen. Dräi Méint, Dir Dammen an Dir Hären, et ass awer e gewësse Fräifaartschäi fir d'Regierung, well grad an dësen Zäite sinn dräi Méint immens laang.

An dofir soen ech lech: „Et ass keng einfach Decisioun!“ Et ass virun allem och keng einfach Decisioun fir d'Opposition, well mer wierklech op där enger Säit net wëssen, wat d'Regierung nach wëllt decidéieren - mä Stéchwuert „Fräifaartschäin“ - a well mer op där anerer Säit bei deem, wat schonn decidéiert ass, nach ganz vill Froen hunn.

An Här President, mir hunn an eiser Fraktioun ganz vill diskutéiert. Wäer et prinzipiell net besser, den Noutstand elo emol fir ee Mount oder fir zwee Méint ze verlängeren an da virunzekucken? Prinzipiell jo, well da kéint d'Chamber u sech a reegelméissegem Ofstänn d'Krisensituatioun nei bewäerten, an dat mat enger Zweedréttelmajoritéit.

Mee dat hei ass keen normalen Noutstand. Mir hunn eng sanitär Kris a mir brauchen eng

Zweedréttelmajoritéit, fir och eng Verlängerung ze stëmmen. A mir kënnen net sécher sinn, ob mer an engem oder zwee Méint an deem Quorum hei setzen an déi Verlängerung esou kënne stëmmen. An duerfir hu mer gesot: „Mir wäerten d'Leit sécherlech net hänke loos-sen!“

An da wëll ech awer och nach soen, virun allem stellt sech och d'Fro: Wéi laang dauert dës Kris? Well de Facteur Zäit ass zentral. Och dat sot den Här Di Bartolomeo. Sinn dräi Méint realistesch? A wann ech mer d'Kris a China ukucken: Enn Dezember ass de Coronavirus zu Wuhan nogewise ginn, den 22. Januar ware se am Shutdown, knapps zwee Méint duerno si se nach ëmmer am Shutdown. De Virus ass nach ëmmer do, zwar e bësse mander, mee trotz all deene strenge Moosnamen an trotz awer där Disziplin ass en nach ëmmer do. Deemo muss ech soen: „Leider schéngen déi dräi Méint net onrealistesch ze sinn.“

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer eis hei am Haus op déi dräi Méint kéinten eenegen, da gi mer wierklech ee staarkt Zeeche vu Geschlossenheet no baussen. An dat ass dat, wat wichteg ass am Moment. Well wa mer ..., oder mir kënnen déi Kris nëmme bewältegen, a mir mussen se bewältegen, wa mer alleguer zesummen deem Covid-19 eis Stier weisen.

Duerfir soe mir och Jo, ech soen awer och, mat e bësse Bauchwéi - do ginn ech nach drop an - zur maximaler Verlängerung vum État de crise vun dräi Méint. Jo, d'Regierung muss alleguer d'Moyene kréie fir ze agéieren, a mir hoffen, datt se gutt agéiert.

An, Här President, ech wëll awer nach eemol kloer betounen: Dës Decisioun hei, déi dréit sech definitiv just ëm d'Kris am Artikel 32 (4) vun der Verfassung a wéi laang datt mer déi Kris gäre wëlle verlängeren. An déi zwou Äntwerten, hunn ech gesot, sinn zweemol Jo vun der CSV, well eist Verantwortungsgefill ass definitiv méi grouss wéi eis Bedenken, well schlisslech stëmme mer hei a leschter Instanz kee Gesetz a keen État de crise fir d'Regierung, mee fir d'Leit a fir eis alleguer, a besonnesch och fir déi krank Leit a fir déi, déi hinnen hëllefen.

Genausou kloer soen ech awer och: „Mat dësem Projet de loi stëmme mer net iwwert de Krisereglement vun der Regierung, well heizou hu mer nach vill Froen, an déi verursaachen dann och e gewëssent Bauchwéi.“ Ech zielen der hei einfach nëmme siwen op:

Éischstens soen ech, datt allgemeng d'Krisemesuren net kloer genuch si fir d'Handwerksbetriber.

E puer Beispiller: Am zweete Punkt vum Artikel 3 gëtt jo festgehalen, datt mat e puer Ausnahmen all kommerziell Aktivitéite verbuede sinn. Ganz logesch ass dann awer net, an do huet d'Fédération horticole sech och gëschter scho gemellt, wann zum Beispill an engem Supermarché an enger Galerie e Fleuriste ass, da muss deen zoumaachen, de Supermarché selwer dierf dat awer verkaufen oder d'Tankstell. Dat selwecht ass zum Beispill am Electromanager: Wann an der Galerie oder soss éierens e kleng Buttek ass, dee muss zoumaachen, de Rayon vum Electromanager am Supermarché kann awer opbleiwen. Ganz kohärent ass dat net.

En drëtten Punkt: Den Artikel 4 (2) seet, datt all handwierklech Aktivitéit ausserhalb vum Atelier verbuede ass. Do stellt sech fir mech éischstens emol d'Fro: Wat ass dat alles, déi handwierklech Aktivitéit? An och do verstinn ech verschidde Logiken net respektiv d'Kohärenz net. De Risiko besteet jo a mengen Aen, wann d'Leit no beienee sinn. An dee Risiko ass a mengen Ae méi grouss am Atelier wéi dobaussen. Ech froen dofir: Ee Bëschaarbechter, kann deen zum Beispill am Atelier seng Motorsee feilen, mee en dierf net ausserhalb vum Atelier an de Bësch schaffe goen? Wann dat esou ass, da géif ech dat net direkt verstoen. Ech wëll awer och hei soen: „Ëm Gottes Willen, schéckt keen eleng an de Bësch, well aus Sécherheetsgrënn mussen et der op d'mannst zwee sinn! A bei zwee am Bësch, mengen ech, kann een och nach ëmmer zwee Meter Ofstand loos-sen.“ Déi selwecht Fro stelle sech zum Beispill och bei de Landschaftsgärtnern.

Ee véierte Punkt: Am Artikel 5 geet et ëm déi essenziell Aktivitéiten, déi mussen oprechterhale ginn. Dozou gehéiert och d'Offallgestioun. Op där anerer Säit sinn awer verschidde Recyclingzentren, déi zou sinn. Wéi soll dat funktionéieren? Misst dat net besser koordinéiert ginn?

Fënneftens: d'Sanktiounen. Ech ginn elo net ganz dorobber an, mee mir hunn e Reglement mat zéng Säiten, vun deenen zéng Säite si fënnel Säite Sanktiounen. An ech soen och: „Mir brauche kloer Sanktiounen, well soss kënne mer net duerchgräifen.“ Well de Message muss kloer sinn: „Bleift doheim!“

Ech hoffe just, datt déi administrativ Prozedur hei net ze vill komplizéiert ass, well de Krisemodus soll d'Saache vereinfachen a verkierzen.

Sechstens: Wéi eng Consignen hunn d'Gemeengenaarbechter? Anscheinend sinn der elo déi lescht Deeg komm, an dat, mengen ech, och op Basis vun der Aarbecht vum Syvicol. An ech wëll duerfir och hei nach eemol dem Syvicol an alle Gemengevertreder ee grouse Merci soe fir hir virbildlech Aarbecht.

Da siwents, den Artikel 14, dee muss an eisen Aen dréngend ugepasst ginn. Do gëtt vu Ressortissants de pays tiers geschwat, u sech vun ausserhalb vun der EU. An et gëtt awer gläichzäiteg och vun de Frontaliere geschwat. Et gëtt vun engem Entréesverbuet a gläichzäiteg vu Restrictions temporaires de voyage geschwat. Dat sinn ënnerschiddlech Saachen. Ech denken, datt deen Artikel muss frësch formuléiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir verstinn, datt dëst Reglement huet missen en urgence geholl ginn. A mir ginn och dovunner aus, datt et nach méi dacks adaptéiert gëtt. Et ass jo och gëschter schonn zweemol adaptéiert ginn. A mir soen och Merci: Mir hate gëschter verschidden Hiweiser gemaach, déi sinn direkt och mat agefloss.

Ech soen och: „Wann d'Situatioun esou ass, wéi mer se beschriwwen kritt hunn, da sinn dës Mesurë vläicht elo gutt, mee wat ass an engem Dag? Wat ass an e puer Deeg?“ A Coronazäite kann een Dag ganz laang sinn. An duerfir wëlle mer als Chamber, a virun allem och als Opposition an dëser Kris gäre mat Verantwortung iwwerhuelen an d'Kris och gäre begleeten. An dat kënne mer awer nëmmen, wa mer och wierklech lafend informéiert ginn.

Dofir nach eemol: Mir si bereet, eis konstruktiv matanzubringen, an een Appell un d'Regierung, fir eis wierklech do matanzebannen. Well Mateneen an der Kris heescht och Matenee vu Chamber a Regierung. An dat dierf u sech keng Einbanstrooss ginn oder sinn, well et geet hei net ëm Bürokratie, mee et geet ëm Demokratie.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Opposition hu mer, wéi gesot, och d'Verantwortung, fir berechtigt Froen ze stellen. Et ass deen Optrag u jiddweree vun eis hei, fir d'Situatioun ze suiveréieren, fir Nobesserungen ze fuerderen, do wou et néideg ass. An ech prezisiéieren nach eemol: D'Chamber gëtt net ofgeschafft! Mir bleiwe voll funktionsfähig! An dofir muss d'Chamber och am Ball bleiwen an d'Chamber muss fuerderen, d'Chamber muss Explikatiounen kënne froen a muss och Äntwerte kréien.

An ech stellen hei nach eemol eng Partie Froen, op déi mer bis elo keng Äntwerte kritt hunn. An dat ass nach eemol, well ech lech wëll soen: „Mir hunn awer e gewëssent Bauchwéi, och wa mer soen: kloer Jo!“

Eng éischt Fro ass awer, nach eng Kéier: Firwat hu mer oder hate mer, well ech hunn elo am Background héieren, datt mer et elo geliwwert kréien, mee firwat hate mer dann net genuch Material, fir dat gesamt Fleegepersonal ze schützen? D'Leit sinn opbruecht. A si maachen eng richtig wäertvoll Aarbecht. A mir mussen si schützen!

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Well gëschter hat den Här Fischbach vun der COPAS um Radio nach gesot, si géife gären d'Leit méi schützen, mee si hätten d'Moyenen net. Also meng Fro ass: U wat läit dat?

Zweetens dann - wéi gesot, ech huelen och just hei e puer Beispiller -, d'Maison médicale am Osten. „Si soll kommen!“ Dat ass och gutt esou, datt hu mer scho laang gefrot, mee laut eisen Informatiounen hutt Der zënter méi wéi enger Woch eng Offer, fir um Potaschbiere Raimleckeete gratis zur Verfügung ze kréien. Bis elo wär anscheinend nach guer keen do gewiescht. Och do: Firwat?


Dann d'Koordinatioun vun de Spideeler. Dacks kréie mer gesot vun Dokter, datt d'Spideeler eleng gelooss gi sinn. Gëtt et hei eng spidoliwvergräifend Koordinatioun? A wann net eeben: Firwat?

Ech mengen, och hei hunn d'AMMD, Conseils médicaux, d'Associatioun vun de Generalisten, d'Dokteren am Allgemengen, d'Zännokteren, déi d'Urgencen organiséiert hunn, hiert Méiglechst gemaach. An och hinnen ee grouse Merci.

Dann zu de Betriber am Allgemengen. Den Här Bettel hat an engem Interview gesot: „Et gëtt keen am Ree stoe gelooss!“ Ben, gëschter huet den Här Fayot dat e bësse relativéiert, en huet gesot: „Mir maachen och hei keng falsch Hoffnungen, mir wäerten net all Betrib kënnen hëllefen.“

An dësen Zäite soll ee probéieren ... Esou zweediteg Messagen, mengen ech, kënne mer eis





net onbedéngt leeschten. Et ass awer wichteg, an dat froe mer och, datt et net duergeet, elo e Package ze annouciéieren, mee mir brauchen - am beschten direkt - ganz séier ee klore Package, Mesuré-Package, fir alleguer eis Betriber, och d'Independanten, ze schützen, fir deenen och ee Wee opzeweisen, wéi et kann ausgesinn no der Kris.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Dann nach eng Fro zu de Frontalieren: Mer hunn héieren, datt Frankräich säi Personal am Flegesecteur kéint requisitiéieren. De Premier hat eis gesot, Frankräich wär sech bewusst, wat dat fir eis géif bedeuten. Awer: Wat geschitt wann? Meng Fro ass: Hu mer iergendee Plang B oder si mer un engem Plang B amgaang ze schaffen, ausser der Hotelsoffer, well ech weess, dat ass net einfach?

D'Education: Och hei kéinte mer nach eng Partie Froe stellen. Ech wëll just eng um Rand stellen: Wéi gesäit et mat eisem Internet aus? Deen ass gëschter a virgëschter scho plazeweis ..., huet en net fonctionéiert, soen ech elo emol einfach esou. Packt eise Réseau et respectiv wat gëtt gemaach, fir dat ofzesécheren?

An nach eng lescht Saach, déi ech elo grad gesot kritt hunn: Eenzel Famille kruten anscheinend ugeruff, datt d'Soins à domicile fir déi eeler Leit net méi kéinte garantéiert ginn an datt se selwer missten no hire Famille kucken. Ass do esou eng Direktiv erausgaang? An da froen ech mech, well mer hu virdru gesot gehat, mer sollte vun eisen eelere Leit u sech fort bleiwen: Ass dat hei elo kontradiktoresch?

Här President, ech hunn lech gesot: „Mir hunn e komescht Bauchgefill!“ Ech hunn lech e puer Beispill vu Froe gesot, wou mer wierklech frou wäeren, fir nach Äntwerten ze kréien. Well, wéi gesot, déi sëllege Froen an och déi Froen zum Reglement, déi verbesseren eist Bauchgefill net. Mee ech soen awer och hei ganz kloer: „Mir stëmmen dëst Gesetz an dës Verlängerung vum État de crise fir dräi Méint mat, well mir wëllen der Regierung all noutwendeg Moyene ginn, fir kënnen séier, extrem séier ze reagéieren. Well et geet hei ëm Mënscheliwwen!“

An op där anerer Säit erwaarde mer - an ech sinn och frou, datt mer do een Accord fonnt hunn eebe fir eis Motioun, an do hu mer breet consultéiert, mer haten och ee ganz gudden Austausch, well mat dëser Motioun wëlle mer u sech sécherstellen, datt eis Demokratie och an der Kris funktionéiert an datt domadder och d'Chamber funktionéiert -, datt d'Chamber weiderhi vun der Regierung proaktiv informéiert gëtt, datt se zäitno informéiert gëtt iwwert d'Ännerung vum Krisereglement, datt se och ka matschwätzen, datt d'Deputéiert kënnen all hir Froe stellen, datt d'Ministeren och sollen an d'Kommissiounen kommen, wa se geruff ginn, esou séier wéi méiglech.

Awer och, datt mer d'Informatiounen fir d'Leit, och fir déi eeler a vulnerabel Leit nach méi accessibel maachen an nach méi cibléieren. Datt mer, sou wäit wéi et méiglech ass, no deenen dräi Méint eng gesetzlech Rumm ausschaffen, wann et noutwendeg ass, déi prett ass eeben, fir a Kraaft ze trieden, wann den État de crise ausleëft.

An awer och, last but not least, datt mer sollen d'Après-crise virbereeden. An ech hoffe wierklech, datt déi Après-crise geschwë kënn. An da brauche mer en zolitten Après-crisè-Pak, well villes wäert do mussen nei opgebaut ginn, an och dat wäert net einfach ginn.

An an deem Sënn deposéieren ech hei d'Motioun, déi wierklech vun alle Fraktiounen a vun alle Sensibilitäten ënnerstëtzt ginn ass. An dofir e grouse Merci!

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Wannechgelift.

## Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant la classification de la maladie à coronavirus (Covid-19) comme « pandémie » par l'Organisation mondiale de la santé (OMS) le 11 mars 2020 ;

- constatant une flambée de la maladie à coronavirus (Covid-19) en Europe et à travers le monde ;

- constatant que le Luxembourg se trouve confronté à sa plus grave crise sanitaire depuis la Seconde Guerre mondiale ;

- considérant la déclaration de l'état de crise par le Grand-Duc le 18 mars 2020 suivant l'article 32, alinéa 4 de la Constitution ;

- insistant sur une interprétation stricte du précité article 32, alinéa 4 de la Constitution relative à la « durée maximale de trois mois » de l'état de crise ;

- considérant le projet de loi portant prorogation de l'état de crise déclaré par le Règlement grand-

ducal du 18 mars 2020 portant introduction d'une série de mesures dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 ;

- rappelant la responsabilité des citoyens de respecter les consignes de précaution du Gouvernement ;

- rappelant la responsabilité de l'État de protéger et de soutenir la population, notamment les plus vulnérables ;

- rappelant l'importance du bon fonctionnement des institutions en général et du contrôle parlementaire en particulier dans l'actuel état de crise ;

- considérant qu'une coordination déterminée, régulière et transparente entre le Gouvernement et la Chambre des Députés est indispensable pour surmonter la présente crise sanitaire ;

- rappelant l'obligation du Gouvernement de répondre aux questions posées par les Députés et ceci tant dans le cadre de questions parlementaires que dans le cadre des commissions de la Chambre des Députés ;

- saluant et se joignant à l'élan de solidarité impressionnant au sein de notre société ;

- remerciant tous les professionnels de santé ainsi que tous les autres professionnels et volontaires au service des citoyens dans cette crise ;

- insistant sur la protection de la santé des citoyens et la sauvegarde de vies humaines comme première priorité,

invite le Gouvernement

- à informer au minimum hebdomadairement la Chambre des Députés à travers la Conférence des Présidents, le Bureau de la Chambre et, le cas échéant, une représentation de la commission afférente et à y répondre aux questions des Députés sur l'évolution de la crise sanitaire ;

- à informer le plus rapidement possible la Chambre des Députés sur tout changement modifiant les mesures du Règlement grand-ducal du 18 mars 2020 et sur toute mesure ou décision que le Gouvernement prendra, dans ce contexte, par voie réglementaire ;

- à clarifier, à rendre davantage accessible et à cibler au mieux l'information du public dans le cadre de la crise avec une attention particulière pour les personnes âgées et vulnérables ;

- à préparer, là où cela est possible, un ou plusieurs projets de loi pour prolonger, le cas échéant, des mesures spécifiques limitées dans le temps et liées à la maladie du coronavirus (Covid-19) au cas où cela s'avérerait nécessaire après la fin de la prolongation de l'état de crise votée en ce jour ;

- à préparer d'ores et déjà les mesures nécessaires pour l'après-crise.

(s.) Martine Hansen, Gilles Baum, Marc Baum, Sven Clement, Georges Engel, Fernand Kartheiser, Josée Lorsché.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Gläichzäitig deposéieren ech och nach eng Resolutioun - an och do direkt ee Merci, déi ass och vu jiddwerengem ënnerstëtzt ginn -, also eng Verpflichtung un eis selwer, datt mer eis a Krisenzäite wéi dësen d'Moyene ginn, fir virun ze tagen a fir ënner allen Ëmstänn funktiounsfäeg ze bleiwen, an dat via all Méiglechkeeten, déi eis déi modern Kommunikatioun bitt, fir als Telechamber ze tagen an ze beschléissen. Dat awer net als Reegel, well als Reegel solle mer hei zesumme sinn, mee dat nëmmen a Krisenzäiten.

## Résolution 1

La Chambre des Députés,

- notant que le Règlement de la Chambre est actuellement muet quant à la tenue de réunions de commissions voire des séances publiques par vidéoconférence ou par des moyens de télécommunications ;

- estimant que de tels moyens pourraient s'avérer utiles pour permettre à la Chambre des Députés de remplir sereinement et en toute circonstance ses attributions ;

- estimant qu'il va de soi que ces moyens de communication à distance devraient permettre l'identification des députés et satisfaire par ailleurs à des caractéristiques techniques garantissant une participation effective et sécurisée des membres de la Chambre des Députés aux réunions/séances en question ;

- estimant que les députés participant aux réunions/séances via ces moyens de communication devraient être considérés comme étant présents aux fins du calcul des quorums et majorités requis aux termes du Règlement de la Chambre des Députés ;

- estimant que le recours à de tels moyens de communication devrait strictement se limiter à des situations de crise,

décide

d'adapter le Règlement de la Chambre des Députés de manière à préciser les modalités d'utilisa-

tion de ces moyens de communication et de vote en temps d'état de crise.

(s.) Martine Hansen, Gilles Baum, Marc Baum, Sven Clement, Georges Engel, Fernand Kartheiser, Josée Lorsché.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend wëll ech nach eemol soen: „Mir müssen och als Staat eisen Immunsystem, eis Ofwierkräfte géint de Coronavirus stärken. An dofir solle mer eis all d'Moyene ginn, déi d'Verfassung virgesäit. Net fir der Regierung ee Fräifaartschäin ze ginn, mee fir d'Course géint de Virus opzehuelen an eis all d'Moyenen ze ginn, fir zumindest eng Chance an dëser Course ze hunn.“

An ech soen et nach eemol: „De Virus beweegt sech net vum selwen. De Virus beweegt sech duerch eis. De Virus brauch eis, fir sech ze vermeer. An de Virus brauch eis, fir sech ze beweegen. An dofir hu mer och alleguer eis Verantwortung ze droen. Well géint dës Verantwortung ka keen immun sinn.“

An aus dëser Verantwortung fir d'Leit eraus stëmme mer haut als CSV dës Verlängerung vum Krisenzoustand mat an a voller Längt, dat heescht, fir déi dräi Méint mat.

Ech soen lech Merci an ech wënschen lech alleguer eng gutt Gesondheet a Courage.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hansen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gilles Baum** (DP).- Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, de Covid-19 fuerdert och zu Lëtzebuerg säin Tribut. Mir sinn a Gedanke bei de Famille vun der Affär an och bei all deene Kranken, an der Hoffnung, dass si nees geschwënn op de Bee sinn. D'Situatioun ass nach ëmmer méi wéi eescht. Ech hoffe wierklech, dass spéitstens no dem Staatsminister Xavier Bettel senger leschter Pressekonferenz och elo deen Allerleschte gemierkt huet, datt et de Moment just eng Prioritéit gëtt: Doheem bleiwen a Mënscheliwwen retten!

Ech wëll duerfir op dëser Plaz och nach eng Kéier e besonneschen Appell maachen un eis jonk Matbirger: Trefft iech, wannechgelift, net méi mat äre Kollegen! Ech weess, dass dat haart ass, mee denkt un är Matmënschen. Denkt un är Grousselteren, denkt un är Kollegen, déi Virerkrankungen hunn! Sidd solidarisch mat hinnen, fir dass dir no dëser Kris nach ganz vill Zäit mat hinne kënn verbréngen! Dir sidd esou gutt vernetzt, profitéiert elo dovunner. Jidder Eenzelne vun iech ass gefuerdert!

Ech wëll awer och en Appell un eis eeler Matmënsche riichten, hir Verantwortung ze iwwerhuelen an och d'Consignen ze befollegen, zu hirem eegene Schutz. Et gëtt eng ganz Rei vun Initiativen, déi grad eisen eelere Matmënschen an dëse schwierigen Zäiten hëllefen. Notzt wannechgelift dës Méiglechkeeten! Jidder Eenzelne ass gefuerdert.

Här President, d'Regierung huet den Artikel 32 (4) vun der Verfassung invoquéiert an den État de crise ausgeruff. Mir sinn also elo net méi am Zenario, dass ee soll doheem bleiwen, mee dass ee muss doheem bleiwen, ausser an deene bekannten Ausnahmefäll. Den État de crise ass eng aussergewöhnlech Situatioun an et ass en Instrument, wat keng Regierung gären asetzt. Mee mir liewen an aussergewöhnlechen Zäiten, wou d'Regierung keng aner Optioun méi huet.

Den État de crise ass eng Noutwendegkeet, eng Noutwendegkeet, fir dass d'Regierung séier kann op nei Evenementer reagéieren.

Här President, viru ville Joren hunn ech mech entscheet, Member an enger Partei ze ginn, an där d'Fräiheet vum Mënsch am Mëttelpunkt steet, déi sech fir d'Fräiheet vun de Mënschen allegueren asetzt. An haut ass et esou, dass déi Partei déi eenzeg richteg Decisioun matdréit, fir d'Fräiheeten an eiser Gesellschaft kuerzfristig, mee massiv anzeschränken, fir maximal dräi Méint.

Et ass eng Noutwendegkeet, et geet net anescht a mir hu keng aner Alternativ. Et ass gutt a wichteg, dass schonn e ganz groussen Deel vun eise Matmënschen dës Aschränkungen vun hirer Fräiheet mat Courage, Verantwortung a Solidaritéit akzeptéieren. Mir müssen alleguer mat hëllefen, well all Mënscheliwwen, wat mir mat dësem Schratt kënnen retten, ass et derwäert.

Dëst Parlament beweist alt erëm, dass mir zu Lëtzebuerg a schwéiere Stonne parteipolitesch lwwerleungen hannen ustellen an zesumme-stinn, fir dës Kris ze meeschteren. Merci lech allegueren duerfir.

Aschneidend Mesuré wäerten eisen Alldag, wéi mir e soss gelieft hunn, staark veränneren. An

duerfir ass et richteg, dass d'Regierung vun Ufank un d'Parlament an och de Staatsrot matagebonnen huet. D'Mesuré sinn zudeem zäitlech limitéiert a proportionell zum But, dee si erreeche sollen. Et ginn also keng Mesuré geholl, déi iwwert dat erausginn, wat onbedéngt néideg ass, fir eis Matmënschen ze schützen.

Mir liewen an engem Rechtsstaat, an eis parlamentaresch Demokratie ass och am État de crise net ausgehiewelt. De Beweis erbrénge mer haut, wou mer net emol dräi Deeg nom Akraafttriede vum Règlement grand-ducal der Regierung d'Confirmatioun hei ginn. Eis institutionell Riedercher hu gutt a séier aneneegegraff. Dat stärkt d'Vertrauen an eis Institutionen, an eise Staat an an eis Demokratie.

D'Regierung, mat all hire Verwaltungen, huet bis elo eng exemplaresch Aarbecht geleescht. A wéi d'Well vum Coronavirus hei ukomm ass, du waren déi zoustänneg Ministere prett. Si hu séier gehandelt a permanent der Situatioun ugepasste Mesuré geholl.

Et ass der Regierung och wichteg, d'Bierger zu all Moment iwwert den neiste Stand ze informéieren. D'Kommunikatioun an d'Transparenz sinn an dësen Zäiten immens wichteg. D'Kommunikatioun ass ëmmer faktebaséiert, eng faktebaséiert Duerstellung vun der Situatioun, an et ass eng Kommunikatioun, déi der Realitéit entsprecht.

Dee reegelméisseg Informationsfloss an d'Pressekonferenz vum den ënnerschiddleche Ministeren droen hiren Deel derzou bäi, dass een trotz der Kris zu all Moment assuréiert ka sinn, dass een op kompetent Leit vertraue kann. Jiddwereen ass op senger Plaz a mat senge Moyenen elo gefuerdert, säin Deel derzou bäizedroen, fir d'Situatioun erëm an de Grëff ze kréien. Ugefaange bei dem medezinnesche Personal an dem Flegesepersonal, mee och jiddwereen, dee säin Deel derzou bäidréit, dass an dëser Krisensituatioun eist Land net stoe bleift. Ech denken un déi Leit an de Supermarchéen, an den Tankstellen, Chauffeuren, Piloten, Brëifdréier, d'Leit vun der Offallentsuergung, d'Enseignanten, déi hiert Méiglechst maachen, fir dass d'Schüler vun doheem aus kënnen léieren, d'Police an d'Arméi.

Ech denken awer och un déi Leit, déi elo doheem musse bleiwen, an d'Leit, déi eis Gesellschaft weiderbréngen duerch den Homeoffice.

Ech wëll op dëser Plaz awer och nach all den involvéierte Beamte Merci soe fir hiren onermiddlechen Asaz. Wéi esou ganz vill Leit zu Lëtzebuerg beweist och d'Fonction publique an dëser Zäit e ganz grouss Lichtbewusstsein. Et sinn der ganz vill, a kengem säi Bäitrag zum Allgemengwuel därëf ënnerschätzt ginn.

Ech soen lech Merci. Ech ginn den Accord vun der Demokratescher Partei zum Projet de loi, soen och dem Rapporteur nach en häerzleche Merci. Lëtzebuerg steet an hält zesummen, a mir packen dat hei!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Eischt wëllt ech dem Rapporteur, dem Mars Di Bartolomeo, en häerzleche Merci soe fir säin exzellente Rapport a fir säin Asaz an deene leschte Joren, awer virun allem och an deene leschten Deeg. En huet sech hei drageknéit. En huet hei, wéi en esou oft seet, alles ginn, an dat ass och gutt esou. An en huet dat och richteg gutt gemaach.

Ech wëllt och de Membere vun der Institutionskommissioun e Merci soen, déi et méiglech gemaach hunn, dass mer hei, wéi de Mars Di Bartolomeo gesot huet, a Rekordzäit haut kënnen iwwert de Projet de loi vum État de crise ofstëmmen, grad emol dräi Deeg nom Depot vum Gesetzesprojet an der Chamber.

Merci och all deenen, déi dëst Land um Liewen halen. An eis Gedanke sinn och bei all deenen, déi krank sinn, schwéierkrank sinn, an och bei deene Verstuerwenen an hire Familjen. Et ass keng einfach Zäit, a mir si bei lech!

Et géllt effektiv, elo keng Zäit ze verléieren an dervun ze profitéieren, dass dës Chamber och elo nach funktiounsfäeg ass. Mir wenden eng éischte Kéier den Artikel 32 (4) vun eiser Verfassung un, esou wéi mer en am Joer 2017 ofgeännert hunn. Dobäi war de Kontext deemools e ganz aneren an et huet warscheinlech keen direkt un eng sanitär Kris geduecht. Engersäits ass de Champ d'application vum 32 (4) op national Krisensituatiounen ausge-





deent ginn, a parallell dozou, an elo mierke mer, wéi gutt dass dat ass, gouf d'Roll vum Parlament an esou engem Noutfallzenario gestärkt.

Virun allem gouf kloergestallt, dass eng Urgence, déi d'Uwendung vum Noutstandsgesetz rechtfertegt, nëmmen da besteet, wann et aus zäitleche Grënn net méiglech ass, iwwert den normale gesetzgeebesche Wee déi néideg Mesuren ze huelen. Genau an där Situatioun si mer haut.

Am Kader vum Debat, dee mer den Dënschdeg hei an der Chamber haten, huet sech kloer gewisen, dass mer e Konsens heibannen doriwwer hunn, dass d'Regierung séier muss handeln an duerfir och vusäite vum Parlament e prinzipiellen Accord huet, fir zäitlech begrenzt aussergewöhnlech Mesuren ze huelen, fir d'Vittess, mat där sech de Coronavirus verbreet, ze bremsen an derfir ze suergen, dass eise Gesondheetssystem net iwwerlaascht gëtt, voire souguer zesummeklappe kéint.

Als LSAP begrëisse mir, dass d'Regierung esou séier a konsequent gehandelt huet. Wann ee gesäit, wéi eis Nopeschlänner mat der Situatioun ëmginn, da gesäit een och, dass mer hei net falschleien. D'Zuel vun den Infizéierten ass an deene leschten Deeg rapid an d'Luucht gaangen a wäert och weider klammen. An do mussen mer alles maachen, fir déi Tendenz net zousätzlech unzעהen. Mir ënnerstëtzen d'Virschreften aus dem Reglement vum 18. März 2020 voll a ganz. Den Tenor dovunner ass kloer: „Bleift doheem!“

Mir wëssen allerdéngs haut nach net, wéi laang et dauert, bis d'Situatioun sech erëm normaliséiert. Eis Verfassung gesäit vir, dass déi Noutstandsmesur maximal fir dräi Méint solle gellen. A wéi de Rapporteur et schonn erkläert huet, kann d'Chamber och virdrun decidéieren, dass den État de crise eriwuer ass, an déi entspreche Mesuren op en Enn bréngen. Während dem État de crise huet d'Chamber och d'Méiglechkeet, selwer gesetzlech Mesuren ze huelen.

Iwwert déi juristesche Froen eraus mussen mer als Chamber natierlech d'Mesuren, déi d'Regierung hält, ganz genau suivéieren a virun allem déi konkret Auswierkungen um Terrain am A behalen. An ech verstinn hei d'Suerg vum Parlament a virun allem och vun der Opposition, well se net hei niewendru wëlle lafen, well se hei wëlle matagebonne ginn. Dat ass eng ganz verständlech Suerg. An ech fannen et och richtig, dass d'Parlament hei matagebonne soll ginn.

Mir brauchen hei dee gréisstméigleche Konsens. Mee mir müssen awer och handlungsfäeg bleiwen an eis net selwer an esou schwéieren Zäite blockéieren. Mee bei allen onbeäntwertete Froen, déi et awer elo gëtt, ass awer ëmmer de Principe de précaution, deen zielt. Wann Der net sécher sidd, ob Der kënnst bei ee goen, ma gitt net! Wann Der net sécher sidd, ob Der epees kënnst maachen, wann et e Risiko kéint duerstellen, ma da maacht et net!

An ech muss och soen, dass ech awer Schwierigkeiten hu mat enger Rei vu Froestellungen, déi elo hei koumen, well et bal dorop erausleef, dass hei an der Regierung, oder bei eis hei am Parlament misste quasi Hellseeër oder quasi Zauberer setzen. Wie konnt dat do virausgesinn? A wie konnt virausgesinn, dass mer elo fënnf Milliounen Masken, fënnf Milliounen Händschen, 150.000 Schutzbrëller, 150 Beootungsgeräte, zwou Milliounen Schutzkleeder aus China müssen affléie loossen, fir dass mer hei där Situatioun Meeschter ginn? Dat konnt dach mam beschte Wëllen awer kee virausgesinn!

An ech si frou, dass eis Regierung esou séier an esou gutt gehandelt huet, fir dass mer dat Material, wat mer elo onbedéngt brauchen, och an och zum richtigen Zäitpunkt, wou mer et nach kënne gutt gebrauchen, an net an enger sanitärer Kris elo scho sinn, dass mer dat elo kënne gebrauchen, wa mer et och um Terrain wierklech brauchen.

Duerfir, mat allem Respekt a mat aller Suerg, déi ee kann hunn, a mat alle Froen, déi sech och stellen, déi stelle sech jo fir eis, mengen ech, muss een de gesunde Mënscheverstand an déi éischt Linn setzen an och kengem hei virhalen, e kéint Hellseeër oder Zauberer sinn. Dat ass kee vun eis heibannen, net op där enger an och net op där anerer Säit.

A wa Schoulen hei zoumaachen an d'Beweeungsfräiheet vun de Leit extrem ageschränkt gëtt, esou wéi dat am Moment de Fall ass, esou huet dat Auswierkungen op eis ganz Gesellschaft an op eist Zesummeliewen. Wann

d'Versammlungsfräiheet ageschränkt gëtt, wann d'Reesfräiheet quasi op null gesat gëtt, wa Kirchen zoumaachen, wa Butteker zoumaache müssen a soumat d'Gewerbefräiheet ageschränkt ass, jo, esou sinn eis Individualfräiheeten a Fro gestallt. Dat ass net näischt!

Wat geschitt haut zu Lëtzebuerg an an Europa? Et kéint ee mengen, dass d'Demokratie an d'Schliddere geréit. Ass et dann och wierklech esou? Mir heibannen huelen haut eng Decisioun, déi déif gräifend ass, an déi Decisioun, déi huele mir hei net liichtfanke. Et ass hei en Opweien tëschent den Individualrechter, tëschent de Rechter vu jiddwengem, an dem Allgemengwuel, dem Wuel fir déi ganz Gesellschaft, dem Wuel fir eis all. An d'Wuel fir eis all huet mat all deem, wat mer haut aschränken, ze dinn. Virun allem mat der Gesondheet, mat der Infektionsgefahr fir eis all a mam Risiko, dass déi Schwaach an der Gesellschaft besonnesch drënner ze leiden hunn, an dass se stierwe kënnen. Et geet hei, et ass hei eng Fro vu Liewen a vun Dout! An hei heescht et ofzeweien, wat méi wichteg ass a wat richtig ass. A mir stellen eis hei kloer op d'Säit vun der Allgemengheet. An dat ass och richtig esou!

An hei huet d'Chamber och eng extrem wichtig Roll ze assuréieren, déi och mat dësem Gesetz net ausser Kraaft dierf gesat ginn, déi eis awer als Land weider handlungsfäeg, a virun allem séier handlungsfäeg, soll bleiwe loossen. An duerfir mussen mir transparent a gläwiedeg bleiwen. Eise Message, oder eis Message mussen vun de Leit verstane ginn. Mir müssen duerfir gutt kommunizéieren. Mir müssen déi richtig Wieder fannen, fir de Leit ze erklären, wat mer gären hätten. An duerfir brauche mer och d'Hëllef vun de Medien, fir dass eise Message och bei deenen ukënnst, fir déi mer dës Schrétt huelen, nämlech bei eise Bierger.

An dat ass net esou einfach an enger esou polyvalenter Gesellschaft, wéi mir se hei hunn. Mee hei ass op alle Fall keng Plaz fir Conspiration a fir Verschwörungstheorien. Ech well net soen, dass dat heibannen ee gesot huet, mee ech wëll just domadder soen, dass et dat dobauss gëtt. Heibannen huet keen dat gesot! Heibannen huet keen dat gesot, ech soen dat ganz kloer! Mee et gëtt dobauss Leit, déi Verschwörungstheorien hei ronderëm zirkelen. A fir déi ass hei, an dëser Situatioun, keng Plaz.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Kuerzfristeg ka jiddweree sech iergendwéi drun upassen. An dat ass och verhältnisméisseg par rapport zu enger sanitärer Kris, an där mer sinn. Sollt dat awer méi laang unhalen, da bréngt dat sozial, psychologesch Problemer mat sech, déi mer net ënnerschätzen dærfen. Genauso evident sinn déi ekonomesch Konsequenzen, wann een iwwer ze laang Zäit all Geschäftsaktivitéiten esou staark limitéiert, wéi dat elo de Fall ass. Et wäert also d'Aufgab vun der Chamber bleiwen, fir zesumme mat der Regierung reegelméisseg d'Entwécklung vun der Situatioun nei ze evaluéieren an och d'Vehältnisméissegkeet vun de Mesuren ze garantéieren. Nëmme esou kënne mer sécher sinn, dass de gréissten Deel vun der Bevëlkerung dës radikal Mesur versteeet an och akzeptéiert.

An déi grouss Bereetschaft zur Solidaritéit, déi mer de Moment an eiser Gesellschaft hunn, an déi ass jo och schonn e puermoll ernimmt ginn, déi berout eebe grad op där Akzeptanz, déi mer am Moment hunn. An déi Akzeptanz, déi mussen mer behalen. An duerfir mussen mer vill erklären.

Et wäert awer och ëmmer Leit ginn, déi näischt verstan hunn oder déi näischt wëlle verstoen. Mir hunn an deene leschten Deeg gesinn, dass all Appeller un de gesunde Mënscheverstand bei engem Deel vun de Leit op daf Ouere stoussen. Dat ass bal net ze verstoen, mee leider ass et esou.

Generell ass d'Kommunikatioun, wou ee wierklech jiddweree wëllt erreechen, schwierig. Erklären, erklären, erklären ass do de Motto!

Wann eng Regierung decidéiert, d'Schoulen zouzemaachen, ass dat eng extrem Moosnam, déi, fir sech geholl, all Eltere misst kloermaachen, dass mer an enger ganz eeschter Situatioun sinn. De Fazit, dass een da ganz Gruppe vu Kanner mat den Elteren op de Spillplaz gesäit, weist, dass de Message awer net richtig ukomm ass, obwuel e jo misst evident sinn.

A grad an enger sanitärer Kris ass et immens wichtig, dass jiddweree sech un d'Reegelen hält. Wann och nëmmen e kleng Prozentsatz dat net mécht, da geet dovun eng Gefahr fir déi ganz Bevëlkerung aus. An duerfir brauche mer Kontrollen an och Sanktionsméiglechkeeten, fir dass och déi Leit, déi net asiichteg sinn, d'Liewe vun aneren net aus purem Egoismus oder aus Ignoranz op d'Spill setzen.

Am Kontext vum État de crise erwaart d'LSAP-Fraktioun, dass d'Regierung eeben elo just déi Decisioun flexibel a pragmatesch hält, mat

deen een net ka waarden. Et muss een dermat rechnen, dass dës Decisiounen, well se an der Urgence geholl ginn, net ëmmer perfekt sinn. Kontraproduktiv wier op alle Fall, wann dës Mesur vun Dag zu Dag géifen änneren. Duerfir ass et wichtig, dass um Terrain dës Mesur mat dem néidege gesonde Mënscheverstand ëngesat ginn, do wou et ugepasst ass. Hei ass keng Plaz, fir de Rambo erauszeloossen. Dës sanitär Kris, déi jo weltwäit Auswierkungen huet, wäert nach laang no dem État de crise a villen Domänen ze spiere sinn. Hei muss d'Chamber hir Roll als Legislatuer huelen an dat nohalteg ëmsetzen, wat noutwendeg ass.

De Fait, dass mer e Konsens heibannen hunn, dass d'Regierung schnell muss handeln, heescht net automatesch, dass et e Konsens iwwer all d'Mesur wäert ginn. Duerfir ass et wichteg, zumindest um institutionelle Plang, méiglechst séier erëm zu deenen normalen demokratesche Prozeduren zrëckzekommen.

Konkreet bedeit dat, dass mer d'Regierung ënner anere doran ënnerstëtzen, wa se am Kader vum État de crise séier Decisiounen hält, déi derzou bäidroen, dass se d'Capacitéit vun eise Spideeler an d'Luucht setzt. Mir begrëssen et, wann nei Infrastrukturen en place gesat ginn oder anescht genotzt ginn, wéi déi regional Maison médicale oder déi nei mobil Klinik. Mir hoffen, dass all déi Efforten, fir genuch medezinesch Material erbäizekreien, wéi Schutzkleedung, Masken, Desinfektant oder Beootungsgeräte, Succès hunn an et erméiglechen, e gudden, fonctionéierende Gesondheetssystem oprechtzeerhalen, och wann d'Zuel vun de Leit mat Komplikatiounen nach eropgeet.

Déi wichtegst Moosnam betrëfft awer d'Personal - d'Dokteren, d'Infirmieren, d'Fleegepersonal an esou wieder -, déi extrem vill schaffen, fir dass mer dës sanitär Kris mat esou mann wéi méiglech Verloschter iwwerstinn. Mir müssen alles drusetzen, fir si kengen onnéidege Risiken auszesetzen. Hinnen nach eemol e grouse Merci vun eis all!

D'Afëierung vun Teleconsultatiounen ass do eng richtig Initiativ. Vu dass ee gudden Deel vun deem Personal an eisen Nopeschlänner wunnt, déi hir Grenzen zoumaachen, begrëisse mir och d'Efforte vun der Regierung, fir hir däitsch, franséisch a belsch Homologen ze iwwerzeegen, d'Grenzpendler awer weiderhin duerscheloossen. Dat ass decisiv fir d'Oprecht-erhale vun eise Gesondheetssystem, mee och vun allen oder vu villen anere Beräicher.

Als LSAP ënnerstëtze mir natierlech och all Mesuren, déi solle verhënnern, dass Privatleit während dem État de crise a Schwierigkeiten kommen. Et ass eng gutt Saach, dass de Congé pour raisons familiales ausgedeeent gouf. Et ass iwwerhaupt eng gutt Saach, dass mir en hei hunn, well vill Länner hunn en emol iwwerhaupt guer net. Et ass gutt, dass en ausgedeeent gouf, well et anescht fir vill Famille quasi onméiglech gëtt, fir hir Kanner uerdentlech ze betreien. Bei all deem mussen mer parallell doriwwer nodenken an diskutéieren, wéi et no dem État de crise weidergeet, mussen mer och e Bilan zéie fir déi eenzel Beräicher.

D'Chamber muss ganz reaktiv bleiwen an déi kommend Wochen notzen, fir dass sënnavoll Verännerungen kënnen iwwert den État de crise eraus an eise Gesetzgebung verankert ginn. A virun allem wäert d'Laag vun eiser Natioun an zwee, dräi Méint wuel net méi déi sinn, déi se nach virun zwou Woche war, soudass eng Rei Adaptatiounen néideg sinn.

Wa während deem État de crise Schoulen zougemaach ginn, da mussen mer duerno kucken, wéi mer eis organiséieren, dass d'Kanner méiglechst weening Nodeeler dovunner hunn. Et ass virausgesinn, dass d'Leierpersonal, wat sech ganz kuerzfristeg huet missen organiséieren, déi Situatioun net iwwerall d'selwecht konnt geréieren. An et hate sécher och nach net all Kanner déi selwecht Méiglechkeeten, vun doheem aus ze léieren. Besteeënd Ongläichheete ginn an enger Kris leider och nach verstärkt. A mir müssen duerfir onbedéngt no Léisunge sichen, fir dat auszegläichen.

Ech wëllt hei eng Klammer opmaachen: Well ech vun de Schoule schwätzen, wëllt ech och de Gemengen e grouse Merci soen, dem Syvicol e grouse Merci soen an och eiser Innemnistesch e grouse Merci soe fir déi Aktiounen, déi alleguer ënnerholl goufen am Interêt vun eise Bierger.

Ganz dramatesch ass d'Situatioun fir all déi Betriber, déi hu missen zoumaachen oder hir Aktivitéit zrëckfuere. Do jo souwuel a virun allem kuerzfristeg wéi och laangfristeg Mesur gebraucht. Als LSAP begrëisse mir déi acceleréiert Prozedur fir Kuerzaarbecht an dass hefir en neie Regim speziell fir de Cas de force majeure fir de Coronavirus agefouert gouf. Dat selwecht gëllt fir d'acceleréiert Ausbezuere vun der TVA an d'Verschibe vun de Steueravancen.

An ech soen et hei nach eng Kéier ganz kloer an däitlech: „Mir duerfe während an no der Kris hei keen am Ree stoe loossen! Mir duerfen hei kee fale loossen!“

► **M. Yves Cruchten** (LSAP).- Très bien!

► **M. Georges Engel** (LSAP).- A wa mer Suen derfir brauchen, fir deene Leit ze hëllefen, da mussen mer eis déi Sue siche goen.

► **M. Yves Cruchten** (LSAP).- Très bien!

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Fir eis ass dat primordial an dëser Kris. Grad déi kleng a Mëttelebetriber, déi ënner anere ganz wichteg si fir den Erhalt vun den Aarbechtsplazen, müssen ënnert d'Äerm gegräff kreien, fir dass se dës Kris kënnen iwwerliewen.

Als Chamber wäerte mer och eis Hausaufgabe maache mam Projet 7532, deen den Entrepreneuren dann och speziell hëlleft, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Net vergiessen dærfen mer och d'Independanten, déi hei wierklech riskéieren, an d'Existenznout ze kommen, an och d'Kënschtler am Sens large vum Wuert, déi dës Kris och ganz uerg trefft an déi sech net ënnerkreie loossen a mat ganz innovative Moyenen hir Konscht un d'Leit bréngen an eis dach e bëssen de groen Alldag verschéieren.

Alles dat wäert däitlech Auswierkungen op eise Budget hunn a mir hunn zu Lëtzebuerg d'Chance, eng gesond Finanzsituatioun kënnen ze hunn. Kommt, mir notzen dës Situatioun fir eis Bierger!

Als Chamber brauche mir, soubal et méiglech ass, Estimatiounen vum finanziellen Impakt vun deene verschide Mesuren. Mir wäerte müssen e Kassensturz maachen an eventuell och nei Prioritéite setzen.

De Fait, dass mer als Chamber enger Verlängerung vum État de crise zoustëmmen, bedeit net, dass mir eis aus der Verantwortung huelen an alles der Regierung iwwerloossen. Au contraire. Op d'Chamber kënnst ganz vill Aarbecht zou a mir verschafen eis mat der Decisioun vun haut just déi néideg Zäit, fir datt mer dat mat deem néidege Serio kënnen heibanne maachen. Mir packen dat, wa mer all zesummenhalen.

Merci fir d'Nolauschtenen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engel. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, jo, mam Gesetzesprojet, dee mir haut stëmmen, befanne mer eis an enger aussergewöhnlecher Situatioun. Mir befannen eis an enger Noutsituatioun, déi riskéiert, Dausende vu Mënschen d'Liewen ze kaschten. An an där Situatioun mussen mir Verantwortung iwwerhuelen.

Mam Projet de loi 7534, deen de politeschen Noutstand op dräi Méint verlängert, bereiere mir awer och den zentralen Nervesystem vun eiser Demokratie. Dës Projet gëtt der Regierung jo e Pouvoir, dee wäit iwwer hir gängeg Befugnisser erausgeet: Fir dräi Méint gëtt en hir d'Recht, Reglementer ze decidéieren, déi, am Fall wou se verfassungskonform sinn, vun eiser Gesetzgebung kënnen ofwächen. A während dësen dräi Méint huet d'Regierung als Exekutiv och d'Recht, nei Decisiounen ze huelen, déi net vun der Chamber, also net vum éischte Pouvoir guttgeheescht gi sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, wann een dat esou héiert, da kann ee sech natierlech Froen stellen. Da freet ee sech: Wat geschitt dann elo an eise Land a wat geschitt mat eiser Demokratie? Well effektiv kéinten d'Rechter, déi d'Regierung mat dësem Projet de loi kritt, den Androck vermittelen, wéi wa mir haut eise Rechtsstaat géifen ausser Kraaft setzen.

Här President, ech hu bewosst mat dëser Wierder ugefaang, well se genee dat ausdrécken, wat séier gefaart gëtt, wann et ëm Noutstandsgesetz geet, net nëmmen zu Lëtzebuerg. Alerdéngs ass d'Angscht, datt d'Regierung heimat en iwwerméisseg Pouvoir kritt, net berechtigt.

Den Artikel 32 (4) vun eiser Verfassung, op dee mir eis jo haut berufen, fir den État de crise ze verlängern, enthält nämlech eng ganz Rei wichteg Garde-fouen, dat heescht, en enthält Barriären, déi eis Demokratie an eise Rechtsstaat ganz kloer schützen. Dobäi handelt et sech ëm streng inhaltlech Bedéngungen, déi beim nationalen État de crise müssen erfëllt sinn, an dat si se ganz kloer.

En enthält awer och zäitlech Begrenzungen vum État de crise, deen doriwwer eraus jo zu all Moment vun der Chamber nees verkierzt ka ginn. An anere Wieder: Den Artikel 32 (4) vun der Verfassung sprécht der Chamber d'Recht zou,





am État de crise zu all Moment ze intervenéieren, an domat e Recht, dat se virun der Verfassungssännerung vun 2017 iwwerhaupt net hat.

An aus deem Grond, Dir Dammen an Dir Hären, stoung déi gréng Fraktioun voll a ganz hannert dem Gesetz vum 13. Oktober 2017, dat dës Barriären an d'Verfassung ageschriwwe huet. A mir si frou, datt dat Gesetz an den entspreche Vfassungstext eis an der aktueller Noutsituatioun zeguttkommen.

Dir Dammen an Dir Hären, haut si mir net mat potenziellen terroristeschen Attacke konfrontéiert, déi de Grond waren, fir den nationalen Noutstand am Joer 2017 kloer ze reegelen. A mir sinn och net mat enger Kris vun de Banke konfrontéiert, déi iwwert d'Noutstandsgesetz hu misse gerett ginn, an dat direkt zweemol: 2008 an 2011.

Haut si mir mat enger Pandemie konfrontéiert, déi d'Santé publique betrëfft an domat d'Gesondheet vun alle Biergerinnen a Bierger, an dat an enger Envergure, wéi eist Land se nach ni erlieft huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir Mënsche virum Stierwen ze retten, därf ee keng Zäit verléieren. An där Fro ginn et keng Delaien, well all Minutt an all Stonn zielt. All Dag, dee mir duerch dës Prozedur gewannen, ka fir d'Rettung vu Mëscheliewen ausschlaggebend sinn. Natierlech sinn dräi Méint eng laang Zäit, mee et ass gutt méiglech, datt mir déi Zäit brauchen. An ech hoffen, mir brauchen net nach méi Zäit.

A wann ech vu „mir“ schwätzen, da mengen ech domat net just d'Chamber an d'Regierung, déi heibanne vertruede sinn an déi am État de crise och nach zesummeschaffen, mat „mir“ mengen ech och d'Biergerinnen an d'Bierger, déi beweisen, datt een an dësem Land zesummenhält, wann et drop ukënnt. A fir deen Zesummenhalt och weiderhin oprechtzeerhalen a Vertrauen ze behalen, si mir gefuerdert. Wichteg ass dobäi eng transparent an ëmfaassend Kommunikatioun an Informatioun, fir datt jiddweree verständlech gemaach kritt, wat d'Regierung virschreift, fir datt en et versteet a fir datt d'Reegelen och agehale ginn.

Aus deem Grond begrëissen ech am Numm vun der grénger Fraktioun ausdrécklech, datt d'Kommunikatioun zanter dem Ausbroch, et kann ee soe vum éischten Dag, wou de Virus sech zu Lëtzebuerg gewisen huet, direkt bei der Regierung groussgeschriwwe gouf. Si kommunikéiert an erkläert Dag fir Dag net nëmmen d'Entwécklung vun der Situatioun an d'Reegelen, déi ze respektéieren sinn, se kommunikéiert an erkläert och d'Moosnamen, déi se en place setzt, fir de Familien, de Salariéen, de Betriber, den Onofhängegen, de Kënschtler, de Kulturhaiser a villen aneren aus der Kris erauszehëlfen. An dat a ville Sproochen, inklusiv der Gebäerdesprooch.

Zu der Kommunikatioun gehéieren awer och d'Medien an d'Journalisten, déi sech zu dëser Zäit an engem berufflechen „Ausnamezustand“ befannen, wou ech e Wuert zitieren, wat e Journalist vu reporter.lu benotzt huet. Ronderëm d'Auer si si um Dill op engem schwieeren Thema, wat virun e puer Wochen nach guer keen Thema war. An och hinne géllt eise Merci.

Här Pesident, Dir Dammen an Dir Hären, leider ass d'Aussicht, datt dëst Thema gläich nees aus der Aktualitéit verschwënnt, net déi besch. A grad dowéinst ass et wichtig, den État de crise op dräi Méint an net just op e puer Wochen ze verlängeren. E gétt der Regierung déi néideg Rechtssécherheet, fir liewenswichtig Moosname schnell ze ergräifen a fir de Leit esou den néidege Réckhalt ze ginn, och morallesch a mental.

An ech begrëissen elo ausdrécklech, datt d'Madamm Minister Corinne Cahen virdrun op RTL och iwwert déi mental Problemer vu Leit geschwat huet, déi laang eleng sinn a kee Mënsch méi hu fir ze schwätzen. Mir wëssen alleguer, wéi schlëmm dat ass, a mir wëssen och, wéi wichteg et ass, u si ze denken. Well wann d'Isolatioun zum Dauerzustand gétt, da leide virun allem déi elengliwend Mënschen dorënner a riskéieren, depressiv Stëmmunge bis hin zu Depressiounen ze kréien. Hinne kann ech nëmmen am Numm vun der grénger Fraktioun wënschen, datt se dës schwierig Zäit mat Hëllef vun eis alleguer gutt iwwerstinn.

E Kontakt iwwer modern Medien an Telefon ersetzt nun emol net deen direkte Vis-à-vis an och net dat sozialt Ëmfeld. An däers musse mer eis bewusst sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, jo, d'Hoffnung op eng schnell Iwwerwannung vun der Pandemie ass grouss, an awer kënnen mer zu dësem Moment eigentlech just eng Feststellung maachen. Et ass déi, datt de Katastrophefall och zu Lëtzebuerg zougeschloen huet. En huet ugefaangen, och bei eis zur Norm ze ginn, no-deems e schonn eng hallef Weltrees hanner

sech hat. Zu Lëtzebuerg schwätze mir vun Noutstand a mir schwätze vu Kris. De franséische President huet d'Wuert „Krich“ an de Mond geholl, de Krich als Metapher vun deem, wat een dobaussen erlieft a wat mer alleguer gesinn.

Dir Dammen an Dir Hären, als Gréng fanne mir dat Wuert bedenklech, net nëmme juristes, mee virun allem politesch. Et vermëttelt den Androck, ewéi wann eis demokratesch Fundamenteur géifen ufänken, wéi am Krich an e Koup ze falen. Eppes ass wuel richtig: Déi sozial Kontakter sinn zu dëser Zäit auserneege-rappt, d'Versammlungsfräiheet ass opgehewen - e wichtegt demokratescht Recht -, d'Be-weegungen - an d'Reesfräiheet - och wichtig Rechter - si méi wéi ageschränkt, fir net ze soen ennerbonnen, d'Geschäfte mussen zoumaachen, d'Bildung vun eise Kanner kann net méi an de Schoule stattfannen.

A wa mir de virleende Projet de loi haut stëmmen, da ginn all dës aschränkend Moosnamen, déi elo schonn a Kraaft sinn, ëm bis zu dräi Méint verlängert a jee no Entwécklung duerch weider Moosnamen ergänzt. Do kann ee sech natierlech froen: Wëlle mir dat? Eis Äntwert als Gréng ass kloer a se heescht: Jo! Als Gréng wëlle mir dat. An dëser Noutsituatioun geet et net ëm d'Beschneidung vun eiser Demokratie an och net ëm den Ennergang vum Rechtsstaat. Et geet eenzeg an eleng ëm de Gesondheetsschutz vun eisem gesamten Territoire an doriwwer eraus.

An et ass och kloer, datt d'Parlament sech senger Verantwortung an dëser Situatioun bewosst ass a seng Kontrollfunktioen iwwert d'Regierung wëllt behalen. Well och während dem État de crise bleift d'Chamber am volle Besëtz vun hire legislative Pouvoiren a kann als Kontrollorgan vun der Regierung jo zu all Moment agräifen. Mir zéien also net an de Krich. Mir féieren e solidaresche Kampf, fir d'Santé publique ze retten.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Dofir brauche mir kloer Reegelen a Moosnamen, déi séier an ouni Ëmweër getraff kënnen ginn. Mir brauchen awer och Raimlechkeeten a Better, mir brauche Sauerstoff, Schutzkleedung, genuch Medikamenter a Material an engem Volumen, wéi kee Mënsch et konnt virausgesinn. An ech schlësse mech dem Georges Engel un, wann e seet: „Wou kann een d'Regierung elo kritiséieren, wa se der Entwécklung net no-kënnt? Se mécht hiert Besch!“

A mir musse virun allem verënnern, datt d'Infektionscourse weiderhin no uewe weist. De Risiko ...

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Madamm Lorsché, d'Madamm Hansen wëllt lech eng Fro stellen.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Geet dat och herno, Madamm Hansen?

(Assentiment)

Merci.

De Risiko, datt eise Gesondheitssektor wéinst feelende Capacitéiten zesummebrécht, ass nun emol net ze ënnerschätzen, och wann d'Regierung all Hiewelen a Beweegung setzt, fir d'Capacitéite kuerzfristeg ze erhéien. Net zulescht an de leschte Stonnen an Deeg, wou enorm Efforte gemaach gi sinn dofir. An dofir e grouss Merci.

A wa mir haut vum Begrëff „Sécurité sanitaire“ schwätzen, dann därf dee sech net op de gängege Respekt vu sanitärer Hygiène am ëffentlechen Raum limitéieren. De Begrëff „Sécurité sanitaire“ bedeit e kollektiven Effort - ech hunn et schonn den Dëschdeg gesot -, en Effort, fir d'Allgemengheet virun enger Pandemie ze schützen. D'Allgemengheet, Dir Dammen an Dir Hären, dat si 600.000 Mënschen, déi an eisem Land liewen. Dobäi kommen déi vill Grenz-gänger aus dem Gesondheits- a Fleege-sektor, mee och aus anere Secteuren, ouni déi mir schlecht dru wären, fir net méi ze soen.

Fir de Schutz vun all dëse Mënschen huele mir haut unanime Verantwortung, wa mir dës Projet de loi unanime stëmmen. An dat ass eis Hoffnung. Genee déi Verantwortung iwwerhëlt och d'Regierung, wa si am État de crise Moosnamen ergräift, déi ouni Ëmwee a Kraaft trieden.

An ech muss soen, d'Regierung mécht sech et do net einfach. Schliisslech geet et hei ëm individuell Rechter, déi temporaire beschnidde ginn, ëm Grondrechter. An et geet gläichzäitig ëm d'Allgemengwuel, zu deem och d'Fräiheet gehéiert. An där Balance kënn et drop un, déi richtig Decisiounen ze huelen an d'Bierger mat an d'Boot ze kréien.

An et ass schéin ze gesinn, Dir Dammen an Dir Hären, datt déi grouss Majoritéit vun de Leit an dat Boot geklomme sinn, well se wëssen, datt déi decidéiert Moosname liewenswichtig

sinn. A grad well och d'Institutionen, d'Verwaltungen, d'Gemengen, d'Spideeler an all méiglech Partner matzéien an deem selwechten Effort, maache mir elo déi positiv Erfahrung, datt de Lëtzebuerg Staat net verseet, wann et drop ukënnt. Ganz am Contraire, de Staat iwwerhëlt seng Verantwortung, an zwar konsequent. Dat ass e sprangende Punkt.

Mee och d'Chamber als éischte Pouvoir an als wichteg Institution wäert am État de crise weiderhi fonctionéieren, natierlech an engem geschützten Modus, wéi een dat schonn eleng heibanne ka gesinn. Der Chamber geet et awer och drëms, mat der Regierung zesummeschaffen. D'Zil muss et sinn, déi néideg Ennerstëtzungsgelder am Budget fräizeschëppen, weider Hëllefsmoosnamen an d'Wee ze leeden an och déi wichtegst Gesetzer, déi mer zu dësem Moment brauchen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir mussen awer och nach méi wäit an d'Zukunft kucken, well och do steet d'Politik virun engem Crashtest, wann et drëms geet, déi ekonomesch, déi sozial an ekologesch Konsequenze vun der Pandemie laangfristeg opzefänken.

D'Konsequenze vun der Pandemie treffe sécherlech d'Betriber, déi grouss wéi déi kleng. Se treffen awer och d'Niddregverdenger an déi sozial Schwaach, an déi net manner. An och si wäerte vill Hëllef brauchen.

A wa mir et net fäerdegbréngen, Dir Dammen an Dir Hären, d'Solidaritéit och an der Zukunft bäizebehalen, da schielt sech net nëmmen eng nei sozial Fro eraus, da schielt sech och eng politesch Gefor eraus, well Chômage, Misär an Aarmut sinn nun emol den idealen Närbuedem fir Rietspopulisten a Scharfmaacher, déi sech net op Fakte stäipen, mee op kommunikativ Loftblosen, déi séier platzen. A wann et dann drop ukënnt, da maache se follgeschwéier Fehler, esou wéi de Matteo Salvini an Italien.

Dozou därf et zu Lëtzebuerg net kommen, léif Kolleginnen a Kollegen! An duerfir musse mir zesummen derfir suergen, datt d'Politik net nëmmen dës schwierig Zäit zesumme meeschtert, zesumme mat der Zivilgesellschaft a mat de Betriber. Och d'Zäit no der Kris muss gemeeschtert ginn, fir datt de Laangzäitschued sech a Grenzen hält.

Mir mussen awer och Ursachefuerschung bedreiwen, national wéi international. Zesumme mat der Wirtschaft, der Wëssenschaft, der Recherche an alle Partner musse mer erausfannen, wéi sou verheerend Pandemië wéi de Covid-19 an enger héich entwëckelter Wëssensgesellschaft iwwerhaupt nach kënnen Entstoen, oder besser gesot, firwat esou Pandemië grad an eiser héichentwëckelter Gesellschaft entstinn.

Ech woen ze behapten, Dir Dammen an Dir Hären, datt d'Zerstéierung vun der Natur a vun den natierlechen Habitater do net ganz onschëlleg ass. Och déi Diskussioun muss gefouert ginn.

Léif Kolleginnen a Kollegen, ech kommen zum Schluss mat enger Hoffnung, déi ech wëll ausdrécken. Obwuel momentan vill Dieren zou sinn, stelle mir no der Kris hoffentlech fest, datt de Coronavirus och Dieren opgemaach huet, Dieren zu wichtige Erkenntnisser, déi eis an Zukunft viru weidere Pandemië schützen, Dieren zu Aktivitéiten, déi mir an der Isolatioun nei entdecken, Dieren zu eis selwer a virun allem Dieren zu enger solidarescher Gesellschaft, déi de Kampf géint dës Pandemie gewanne muss.

Domat soen ech lech häerzlech Merci fir d'No-lauschteren, awer och dem Rapportier vum Gesetz, dem Mars Di Bartolomeo, an all deenen, déi dës Projet de loi stëmmen, well en ass wichteg.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools. D'Madamm Hansen huet nach eng Fro un d'Madamm Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - A jo, Pardon. Ech hat net méi dru geduecht.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Jo, merci, Här President. Ech verstinn der Madamm Lorsché hir Ausso net richtig, well si huet dat jo zimmlech cibléiert gesot, mir géifen der Regierung Virwërf maachen. Mir hunn hei Froe gestallt. An ech mengen awer, datt dat och der Opposition hiert Recht ass, Froen ze stellen. Mir hu souguer gemeinsam eng Motioun ënnerschriwwen, wou mer gesot hunn, mir géife Froe stellen. An ech hunn hei konkret eng Fro gestallt, well mer do och ënnerschiddlech Aussoen héieren hunn innerhalb vun deene leschten zwou, dräi Wochen.

An ech fannen awer, datt mer e Recht hunn an och d'Leit dobaussen e Recht dorobber hunn, do eng Äntwert ze kréien. Dann ass dat net direkt eng Kritik, mee ech fannen, dat ass Demokratie.

Merci.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn d'Wuert zréck un d'Madamm Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - War dat elo eng Fro?

Also ech hunn elo d'Fro net ... Ech weess net, hutt Der eng Fro gestallt? Dir hutt éischter eng Remark gemaach.

(Interruption par Mme Martine Hansen)

Ech si ganz frou, Madamm Hansen, dass mer hei all un engem Strang zéien. Ech hat just an Ärer Ried den Androck, wéi wann Der der Regierung wëllt soen: Wisou hutt Der dat do net erkannt? Wisou hutt Der et net virausgesinn?

(Interruption)

Ech hat deen Androck ... Ech hunn ... Bei dësem Volume vu Material, bei dësem Volume vu Material, wat gebraucht gétt, mengen ech, ass all Regierung iwwerfuerdert.

An ech maachen nach eng Kéier den Appell, dass mer eis zesumme fir d'Wuel asetzen. An dat mécht d'Regierung mat allen Efforten, mat alle méiglechen Efforten. An ech sinn iwwerzeegt, dass kee vun all deene Leit aus der Regierung an de leschten Nuechte méi wéi dräi Stonne geschlof huet. An an deem Sënn felicitéieren ech hinne fir den Asaz. An ech mengen, alles, wat se ka kréien, ass ennerwee. An dat, wat mer méi brauchen, dat gétt gesicht. Mee et war net virauszegesinn. Méi wollt ech domat net soen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Lorsché. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken och u mat engem grouss Merci un den Här Mars Di Bartolomeo. En huet ganz eloquent hei gesot, wéi wichteg et ass, datt mer solidaresch sinn an datt mer effikass schaffen.

Mir alleguer hätten eis warscheinlech net kënnen virstellen, datt mer deen Artikel 32 (4) esou séier musse benotzen oder esou séier wäerte benotzen. Éischstens, well kee vun eis wëllt, datt mer an eng Krisensituatioun kommen, awer speziell och, wat d'ADR ugeet, mir sinn der Iwwerzeegung, datt et net deen ideale Wee ass, mat enger Krisensituatioun ëmzegoen.

Ech mengen, den honorabelen Deputéierte Roy Reding hat dat 2017 hei fir eis Partei ganz kloer erkläert. D'Argument ass eeben, datt muss an engem Noutstand séier agéiert ginn an aus deem Grond géife mir higen an der Regierung dat Recht ginn, wat u sech dem Parlament gehéiert, nämlech ze legiferéieren, Gesetzer ausser Kraaft ze setzen.

Dat ass net eis Opfaassung vu Gewaltentrennung. Mir soen: „D'Parlament muss legiferéieren!“ An et sinn der jo vill, déi heibannen drop opmierksam gemaach hunn, datt mer e luese Legiferierungsprozess hunn. Mee mir hätte jo och kënnen op e Wee goen a mir sollte vläicht op e Wee goen, datt mer eis eng Procédure législative d'urgence ginn, déi eis erlaabt, esou mann wéi méiglech och an enger Noutsituatioun musse op Ausnamesituatiounen zréckzegräifen, fir engem anere Pouvoir, dem Pouvoir exécutif eppes ze delegéieren, wat u sech hei dem Parlament gehéiert.

Mir sollten eis besser op Krise virbereeden, och institutionell, an dozou gehéiert eeben och, datt mer eis Prozeduren als Parlament méi séier maachen, completéieren, fir datt mer manner an aner Situatiounen musse kommen. Mee mir hunn awer elo keen anert Instrument am Abléck, soudatt mer mussen den 32 (4) benotzen. An dofir droe mir dat och mat.

Mir als ADR stëmmen dëst och, well et eebe wichteg ass, datt mer Liewe schützen, datt mer d'Gesondheet vun der Bevëlkerung schützen. An och wa mer net zefridde si mat där Léisung, déi mer hei hunn, ass et dach awer eppes, wat mer matdroen a wou mer d'Regierung ennerstëtzen, well mer et musse maachen am Abléck, fir Liewen ze schützen, fir eis Gesellschaft ze schützen.

Awer mir maachen dat net ouni e puer Bemierkungen. An déi Bemierkunge betreffen de Règlement grand-ducal vum 18. März, deen d'Regierung geholl huet, d'Dauer vun de Mesuren, d'Leieren, déi mer mussen zéien, an och noutwendeg Upassungen, déi mer musse maachen.

De Règlement grand-ducal, deen d'Regierung geholl huet, ass scho vill diskutéiert ginn an der





Bevëlkerung. En ass sécher kee Meeschterwierk vu politescher Prosa, och net ëmmer vu Logik. An dofir ass et fir eis ganz wichteg, fir drop opmierksam ze maachen, datt déi Moosssname mussen esou formuléiert ginn, datt se d'Akzeptanz an der Bevëlkerung fannen.

An dat ass wichteg zum Beispill bei Dispositiounen, ob d'Leit däerfen den Auto huelen oder net. Ech mengen, soulaang d'Leit kënnen novollzéien, datt et eeben drëm geet, fir de soziale Kontakt mat aneren ze miniméieren, akzeptéieren d'Leit dat. Si akzeptéieren awer näischt, wou se den Androck hunn, datt dat en Agrëff an hir Fräiheeten ass, deen net zilféierend ass, deen eigentlech näischt mat soziale Kontakter soss ze dinne huet.

Dat heescht, et ass d'Aufgab vun der Regierung, awer och vun eis, mat hinnen zesummen ze kucken, fir déi Moosssname permanent ze préieren a fir derfir ze suergen, datt eppes, dat elo op dräi Méint ugeluucht gëtt, awer och wierklech vun de Leit akzeptéiert gëtt.

Et ass och esou, datt mer mussen mat der Police zesummeschaffen, fir datt d'Leit net den Androck hunn, datt d'Police an hir Privatsphär a-gräift ouni Grond. Och do hu mer e wichtegen Effort ze maachen. D'Police ass de Garant vu Sécherheetsbestëmmungen am Interessi vun de Leit. A mir mussen mat der Police zesummeschaffen, datt net den Androck kann entstoen, als wier do eng gewësse Willkür oder eng Iwwerinterpretatioun, en exzessive Zèle. Mir verlossen eis do op d'Police. Mir mussen och mat hinnen do zesummeschaffen, datt mer do eng gutt Zesummenaarbecht kréien.

Mir hunn och als ADR e puermol gesot, datt mer mussen iwwert d'Verfassungsgeriicht nodenken, iwwert d'Saisine vum Verfassungsgeriicht, well an esou enger Situatioun wéi där heien, wou d'Grondrechter ausser Kraaft gesat ginn, wär d'Verfassungsgeriicht och e wichtegen Acteur, net nëmmen de Staatsrot, och d'Verfassungsgeriicht.

Mir hu gesot, mir mussen als Deputéiert a priori an a posteriori e Recht kréien, fir d'Verfassungsgeriicht unzerufen an d'Konformitéit vu verschiddenen Dispositiounen iwwerpréieren ze loosse. Dat ass am Abléck net méiglech, mee mir wäerten am Kader vun der Verfassungsreform och heirobber zrëckkommen an och heirauser Léieren zéien, fir datt, wa mer a Grondrechter agraifen, mer dat och kënne gerichtet direkt iwwerpréiere loosse.

Et ass eng permanent Ofweigung, déi méiglech ass. Een anere Virriedner huet dat och scho gesot. Nämlech wa mer higinn a Grondrechter aschränken, mussen mer permanent kontrolléieren: Ass et nach néideg? Wéi wäit ass et nach néideg? Well mir hunn en demokrateschen Imperativ op där anerer Säit, nämlech fir d'Rechter ze schütze vun de Leit.

An déi Ofweigung, déi mussen mer zesumme permanent maachen. An dat kann nëmme sinn, wann d'Regierung an d'Parlament dat permanent zesumme maachen. Dofir mussen mer eis op d'mannst - op d'mannst! - eemol an der Woch gesinn, op d'mannst eemol an der Woch zesummen ofweien an dann decidéieren. Vläicht mussen mer méi Moosssnamen huelen. Vläicht mussen mer déi confirméieren, déi mer deen Abléck hunn. Oder vläicht kënne mer higoen a mir stelle Fräiheeten nees hier. Da solle mer dat och direkt maachen.

Mir als Parlament sinn a bleiwen de Legislatuer. Mir als Parlament sinn a bleiwen d'Kontrollinstanz vun der Regierung.

Mir mussen oppassen, datt mer net iwwerhaapt elo an der Krisituatioun dat Gesamtbild vum politesche Liewe vun eisem Land aus den Ae verléieren. Mir haten zum Beispill keng Debatt elo iwwert d'Baussepolitik. Mir wëssen net, ob mer nach eng Debatt hunn iwwert den État de la nation. Mir wëssen net, wéi mer déi aner Politikberäicher, déi awer viru fonctionéieren, kënne kontrolléieren an nächster Zäit.

An och doriwwer mussen mer eis elo an deenen nächsten Deeg Gedanke maachen, well d'Regierung därer net och an deenen aneren Aktivitéitsberäicher, déi se huet, ëmmer méi an en net kontrolléierte Beräich erakommen. Demokratie heescht och, datt mer mussen den Ennerscheid maachen tëschent deem, wat elo krisebedéngt muss legiferéiert ginn, krisebedéngt muss kontrolléiert ginn, an deenen aneren Aktivitéitsberäicher, wou mer awer d'Kontroll oprechterhalen.

Och ekonomesch mussen mer kucken, wéi laang mer dat do aushalen. An et sinn Ongerechtegkeeten! D'Kollegin Hansen vun der CSV hat dat och scho gesot. Et kann net sinn, datt an enger Grande surface Spillgezei verkaaft gëtt,

wat am Abléck natierlech vill Leit interesséiert, well d'Kanner vill doheem sinn, an déi kleng Geschäfte mussen zoumaachen. Dat sinn Ongerechtegkeeten. Och do hunn ech jo gesot: Mir mussen Léisunge fannen, déi logesch sinn, déi akzeptéiert ginn, déi gerecht sinn. A mir mussen Verschiddenes nei bedenken, ëmmer an deem Hibleck: Wat ass néideg, fir d'sanitäre Situatioun ze confirméieren, ze sécheren? Awer all Ongerechtegkeete verhënneren.

An ech wëll mech och deenen uschlëssen, déi d'Fonction publique ervirgehuwen hunn. Ech ginn lech e Beispill, ganz konkreet: Gëschter Owend wor ech de Fall vun enger Famill gewuer ginn, enger Lëtzeburger Famill, déi an Ägypten ass. An ech hu gëschter Owend um 21.01 Auer eng Mail geschriwwen um d'konsularesch Direktioun vum Bausseministère, fir se dorobber opmierksam ze maachen. D'Antwort koom um 21.02 Auer: „Mir këmmen eis direkt drëm.“

Dat ass eng Lëtzeburger Fonction publique, déi virbildlech fonctionéiert! An ech mengen, dee Merci un déi Leit, déi sech freides owes, ech weess net bis wivill Auer, asetze fir eis Matbienger, an de Klinikken, iwwerall, och am Bausseministère, iwwerall an all Administratioun: bravo an e grouse Merci fir lech all!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR). - Mir mussen awer och, wa mer hei zesummen nodenken, eppes am Kapp behalen, als Politiker alleguer: gouverner, c'est prévoir. A gouverner, c'est prévoir, dat heescht eebe Léieren zéien aus all deem, wat bis elo net genuch virbereet gouf. A mir soen als ADR, mir haten der schonn e puer genannt, datt mer mussen zum Beispill kucken, fir eng aner Industriepolitik ze hunn, och an Europa, och hei zu Lëtzebuerg, datt mer net negativ géintiwwer enger pharmazeutescher Industrie a priori sinn; mir gesi jo, wéi néideg se ass!

Mee mir hunn als ADR dräi Motiounen virbereet, déi mer haut net wëllen ofstëmme loosse, och well dat extrem komplizéiert gëtt mat eisem Ofstëmmungsmodus, dee mer haut hei hunn, awer wou mir soen, Här President: Soubal mer den État de crise eriwuer hunn, hätte mer dat gär um Ordre du jour vun der éischter Sessiou. An déi dräi Motiounen betreffen eeben déi Haaptlacunnen, déi mer am Abléck hunn an eisem Dispositif.

Dat Éischt ass, Hamsterkeef ze verhënneren an national Reserve vu liewenswichtige Gidder ze hunn. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass, medezinnesch Reserven ze hunn, déi Stocken, déi eis elo gefeelt hunn. Mir mussen Léieren aus där Kris a mir mussen einfach déi Stocken uleeën, laangfristeg a gutt geréieren, déi mer brauchen am Fall, wou eng Kris ass. Mir wësse jo ni, wat geschitt. Mir mussen op jidde Fall Léieren zéien.

An dat Drëtt sinn d'Pétrolsreserven, well mir hunn och Situatiounen, wou mer eventuell dramatesch dorobber ugewise sinn, an eis Pétrolsreserve sinn am Abléck entweeder wäit ewech gelagert oder souguer nëmme reng virtuell! An och an där Situatioun kënne mer net bleiwen.

An dowéinst, Här President, iwwerrechen ech lech dräi Motiounen vun der ADR. Wéi gesot, mir brauchen déi haut net ze diskutéieren, net virstellen am Detail an net ofzestëmme, mir maachen dat awer direkt, wann d'Situatioun et erlaabt.

**Motion 2**

*D'Chamber vun den Deputéierte*

*stellt fest, datt*

- déi aktuell Kris d'Suerg ëm eng Stéierung an der Liewensmëttelversuergung ausgeléist huet, wat vill Leit a Panik versat huet;

- an enger Krisituatioun de Risiko vun Hamsterkeef besteet, wat d'Kris nach ka verschlëmmen;

- nieft de staatlechen an de privatwirtschaftleche Preventiouns- an Interventiounsmoosssnamen och d'perséinlech Resilienz e wichtige Bäitrag bei enger Krisbewältigung si kann (dozou kënnen och Reserve vu Liewensmëttel am private Stot gehéieren);

- d'Landwirtschaft an d'Liewensmëttelproduktioun allgemeng eng essenziell Roll spillen, wann et ëm d'Versuergung vun der Bevëlkerung mat liewenswichtige Gidder geet;

- de Risiko vum Zoumaache vu Grenzen d'Bedeitung vun enger gewëssener Autonomie a vu Reserve bei liewenswichtige Gidder nach ënnersträicht;

- mat der Globaliséierung an ëmmer méi staarker Vernetzung vun der Wirtschaft fir Lëtzebuerg liewenswichtig Gidder dacks wäit ewech produzéiert ginn;

- wéinst eiser wuessender Ofhängegkeet vun Importer fir Liewensmëttel lokal Stéierungen wäit ewech vu Lëtzebuerg an enger Kettreaktioun eis

Versuergung temporaire empfindlech treffe kënnen, a

fuerdert d'Regierung op,

- déi national Landwirtschaft als zentraalt Element vun der Liewensmëttelsécherheet besser unzeerkennen, si an Zukunft och an dëser Roll ze fërderen a weider ze stäerken;

- d'Wichtigkeet vun der Produktioun vu liewenswichtige Gidder op eisem Territoire an Zukunft allgemeng méi staark ze promovéieren;

- d'Land an d'Leit an Zukunft besser op Krisituatiounen an den Émgang domat ze preparéieren, inklusiv duerch Informationscampagnen;

- national geséichert Reserve vu liewenswichtige Gidder unzeleeën an dëse Stock allzäit un déi demografesch Entwécklung vum Land unzepassen;

- mat der Geschäftswelt an der Logistik Weeër ze fannen, fir an Noutstandszäiten eng geuerdent Verdeelung vun de liewenswichtige Gidder am ganze Land ze garantéieren;

- ze préieren, ob an op wéi eng Manéier d'Leit kënnen encouragéiert ginn, fir zum Beispill no Schwäizer Virbild privat Stocke fir Krisituatiounen unzeleeën an déi optimal ze geréieren.

(s.) Fernand Kartheiser.

► **Motion 3**

*D'Chamber vun den Deputéierte*

*stellt fest, datt*

- et zu Lëtzebuerg am Fall vun enger Kris - esou wéi et sech an där aktueller Coronapandemie leider weist - zu Enkpäss bei der Versuergung mat medezinneschen a sanitäre Atekele komme ka respektiv scho komm ass,

ass sech bewosst, datt et a Krisituatiounen essenziell ass,

- datt d'Bevëlkerung op e funktionéierende Gesondheetssystem mat genuch personellen a materiellen Ressourcen zrëckgräife kann;

- datt d'Klinikken, déi medezinnesch a paramedezinnesch Arichtungen an d'Apdikten och weiderhin all Medikamenter an all aner Material zur Verfügung hunn, déi si brauchen, fir kënnen d'Bevëlkerung och iwwer méi laang Perioden zouverlässege ze versuergen;

- datt sech d'Bevëlkerung op der Aarbechtsplaz an doheem ka virun Ustiechunge schützen, andeems si op e Stock vu sanitäre Produiten ewéi Otemschtzmasken, Protektiounskleeder, Desinfektiounsmëttel et cetera kann zrëckgräifen, a

fuerdert d'Regierung op, datt

- si sécherstellt, datt zu all Moment op eisem nationalen Territoire e gesécherte Stock vun deene wichtigste Medikamenter a sanitäre Produiten ewéi Otemschtzmasken, Protektiounskleeder, Desinfektiounsmëttel et cetera verfügbar ass, fir d'Bevëlkerung kënnen zouverlässege och iwwer eng méi laang Zäitdauer ze versuergen;

- si esou schnell wéi méiglech e laangfristeg Plang presentéiert, deen d'Versuergung vun de medezinneschen Arichtungen an der Bevëlkerung a Krisituatiounen mat medezinneschen a sanitäre Produiten ewéi Otemschtzmasken, Protektiounskleeder, Desinfektiounsmëttel et cetera garantéiert;

- dëse Stock zu all Abléck professionell a kompetent geréiert gëtt a permanent un d'Entwécklung vun der Bevëlkerung vum Land a vun den Infrastrukturen ugepasst gëtt.

(s.) Fernand Kartheiser.

**Motion 4**

*D'Chamber vun den Deputéierte*

*stellt am Kader vun den Auswierkunge vun der Coronakris fest, datt*

- et fir e klengt Land ganz wichteg ass, bei der Versuergung mat wichtige Gidder net nëmme vum Ausland ofhängege ze sinn, mee och genuch eege Ressourcen a Reserven ze hunn;

- d'Versuergungssécherheet mat verschiddene Produite schonn an deenen éischten Deeg hei zu Lëtzebuerg net méi garantéiert war;

- d'Versuergung mat Pétrol zwar an der aktueller Kris nach net a Gefor war, awer bei enger Rëtsch Zenarien duerschau kéint a Gefor geroden;

- d'Erklärunge vun der Regierung an hiren Äntwerter op d'parlamentaresch Froen Nr. 3738 vum 29. März 2018 an Nr. 1729 vum 25. Januar 2016 net all Méiglechkeeten a Risiken ofdecken;

- d'Lëtzeburger Reserven op eegenem Territoire kaum den internationalen Ufuerderunge vun der EU-Kommissioun, der NATO an der Agence internationale de l'énergie entsprechen;

- datt Lëtzebuerg am Abléck iwwer 80 % vu sengen theoretesche Reserven am Ausland huet;

- d'Land riskéiert, no 2020 nach vill méi niddreg eegen Tankcapacitéiten ze hunn, well Geneemung fir bestoend Lagere viraussichtlech auslafen;

- déi lues Entwécklung vun de Verkeef vun Autoe mat elektreschem oder hybridem Motor hei am Land net op eng relevant Reduzéierung vum Besoin u Pétrolsproduiten hiweist;

ass besuergt, datt

- eis national Reserv net physisch verfügbar ass, mee an der Hand vu private Firmae läit oder als virtuelle Produit op engem Marché handelbar ass;

- d'Zoustännegkeet fir dës Versuergung virun allem bei private multinationalen Entreprisë läit;

- datt déi Reserven, déi d'Regierung ugëtt, zum Deel Honnerte vu Kilometer ewech gelagert sinn;

- an engem Krisefall, wou d'Grenze vum Land zou wären oder wou e Streik an engem anere Land oder extrem klimatesch Verhältnesser den Transport géife blockéieren oder awer wou aner Länner privatwirtschaftlech Reserve géife requisitionéieren, déi national Pétrolsreserv sech bannent e puer Deeg als ze kleng erweise géif, fir d'Ufuerderunge vum Land ze decken, a

fuerdert d'Regierung op,

- d'Rapporten iwwert déi national Sécherheitsreserv bei Pétrolsproduiten un d'Europäesch Kommissioun an un d'NATO an deenen hir Reaktiounen dozou der Chamber virzeleeën;

- d'Deputéiert iwwert de Stand vun de Projete vun deenen alen a geplangten neie Pétrolslager um nationalen Territoire ze informéieren;

- op eisem nationalen Territoire déi néideg Lagercapacitéiten ze schafen, fir genuch vu Produite wéi Bensinn, Diesel, Mazout a Kerosinn ënner staatlecher Verantwortung ze lagere, soudatt d'Land am Krisefall 90 Deeg laang ouni Importer kann auskommen.

(s.) Fernand Kartheiser.

Mir hätten och gär, datt den Haut-Commissaire vun der Protection nationale hei an d'Chamber kënnt, eis Rapport mécht - mir hunn dozou e Brëif geschriwwen - iwwer all Lacunnen a Verbesserung, déi mer kënne maachen.

D'Madamm Gesondheitsminister soll eis Rapport maachen iwwert d'Fro vun der mangelnder Koordination, déi mer haten an nach ëmmer hunn, zum Deel, tëschent de Spideeler. Dat huet sech awer elo verbessert.

Den Här Verdeedegungsminister, deen hei sëtzt, do wäre mer frou, wa mer déi 2 %, déi mer sollten ausginn oder méi ausginn, datt mer dat och an d'Militärspidolsinfrastruktur stiechen, net nëmmen an d'Traumatologie. Mir gesi jo elo, wou Lacunne sinn. A mir kënnen, wa mer scho mussen Suen am Beräich vun der Defense ausginn, eebe just och deen heite Beräich vun der Militärmedezinn a vum Militärspidol huelen, fir sënnvoll Suen auszeginn, an eis Infrastrukturen ze ginn, déi dem Land direkt hëllefen am Noutfall.

Et gëtt nach kleng Lacunnen. Ech wëll hei och just soen, déi Hotline fir vulnerabel Leit ass eng gutt Saach, mee déi funktionéiert anscheinend net gutt. An ech ginn dat der Regierung just mat, datt do och ëmmer een un den Telefon geet. Awer dat just en marge.

D'Upassung vun eiser nationaler Legislatioun ass en anere Punkt, dee leschte Punkt, deen ech hei wëll maachen. Dat ass, datt mer eeben esou vill wéi méiglech d'Gesetzer sollen iwwerpréieren. Dat ass en Optrag, dee mir eis och sollen un eis selwer ginn, fir datt mer eebe kënnen ouni Noutstand legiferéieren. Net nëmmen, datt mer eng Procédure législative d'urgence brauchen, mee eeben och kucken, datt mer an eis Gesetzter och Dispositiounen erschreiwen, datt mer mussen kënnen an engem Noutfall séier Règlements d'exécution huelen oder esou, ouni missen op en allgemenge Krisenzoustand zrëckzegräifen.

Och, well en Nodeel vun deem Krisenzoustand eebe just deen ass, datt mer ëmmer zu 40 mussen sinn! Wa mer elo esou séier hei zesummekomme samschdes mëttes, ass et jo och déi Angscht, datt ënner eis esou vill eventuell kéinten da krank ginn, datt mer iwwerhaapt net méi kéinten zesummekommen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR). - Mir mussen also kucken, datt mer eis Reglementatioun esou upassen, datt mer an all Situatioun als Parlament an als Land kënnen effikass schaffen.

Ech wëll dat hei ofschlëssen, Här President, mat engem Wonsch un lech alleguer heibanen an u jiddwereen dobaussen, deen eis no-lauschtert: Bleift gesond! Passt op déi aner Leit op! Hëllef deenen, déi krank sinn, fir datt mer zesumme staark a méiglechst gutt aus dëser Kris erauskommen!

lech all villmools merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*. - Merci villmools, Här Kartheiser. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.





► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Här President, dat Gesetz, wat mer haut hei virleien hunn, ass eent vun deene wäitreechendste Gesetzer, déi d'Chamber jeemools votéiert huet. Et geet ganz wäit. Fir eng Zäit vu bis zu dräi Méint kann d'Regierung Gesetzer oder Deeler vu Gesetzer änneren oder ausser Kraaft setze respektiv Reglementer huelen, déi Gesetzeskraaft hunn, ouni - an dat ass entscheidend - datt den éischte Pouvoir am Land, nämlech d'Chamber, dat guttheesche muss.

Ech mengen, jiddwerengem hei am Land, deem demokratesch Prinzippi wichteg sinn, leeft et kal de Réck erof, wann ee sech un dee Gedanke muss gewinnen. An ech muss lech soen: Och mir ginn d'Schudder en aus, wann ech haut iwwer esou en Text befanne muss.

Virun dräi Joer hu mer hei an der Chamber eng grouss Debatt gefouert iwwert d'Ännerung vum Verfassungsartikel 32 (4). Ënnert dem Androck vun den Attentater zu Paräis huet d'Regierung deemools Ännerungen un deem bestoenden Artikel commanditéiert, déi an der ursprénglecher Verfassung ganz wäit gaange sinn. Eréischt no laangen a kontroversen Diskussiounen si lues a lues wichteg Garde-fouen agebaut ginn. An haut muss ee soen: ee Gléck! Ee Gléck, datt an der Zivilgesellschaft Widerstand sech gereegt huet, an ee Gléck, datt sech dee Widerstand och an deene verschiddene Parteie gereegt huet, well ech weess soss net, ob mer dës Garantien haut esou drastoen hättten.

Deemools hunn ech hei vehement derfir plädéiert, datt eis fräiheetlech Grondrechter net dierft ausser Kraaft gesat ginn als Reaktioun op Attacke vu faschistoide Kräften, déi genau dës fräiheetlech Grondrechter wëllen ausser Kraaft setzen. An ech mengen, datt dat och haut nach richtig ass.

Mee wat ass d'Situatioun elo?

Ech mengen, et gëtt kee Mënsch hei am Land, deen net gesäit, datt mer de facto am Ausnahmezustand liewen. Eist aldeeglecht Liewen ass esou beschnidden, wéi warscheinlech just déi ganz eeler Generatiounen sech nach erënnere kënnen, nämlech wéi zanter dem Enn vum Zweete Weltkrich net méi. Mir hunn et mat enger Pandemie ze dinn, vun där mer net wëssen, wéi se sech weiterentwéckelt. Et schéngt awer esou ze sinn, datt mer den Héichpunkt nach net hanner eis hunn.

Nieft dem medezinneschen a sanitären Aspekt si mer awer och mat anere gravéierende Problemer konfrontéiert. Vill Länner hunn hir Grenzen zougemaach. Verschidden Transportweeër si plazeweis ënnerbrach. Nach sinn d'Grenzen op fir Frontalieren, déi hei zu Lëtzebuerg fir eist Land iwwerliewenswichtig Aufgaben iwwerhuelen. Net auszemolen, wann dat net méi esou wier!

Nieft deem onbestreitbare Constat vun der Kris gëtt et awer och en zweet Element, wat fir eis immens wichteg ass, an dat ass d'Natur, d'Wiese vun dësem Krisenzoustand. Et ass nämlech net eng Fro vu politischer Appreciation. Hei geet et net drëm, Gruppe vu Leit géint aner Gruppe vu Leit auszespillen. Et geet och net drëm, e Generalverdacht géint déi ganz Populatioun auszuschwätzen an autoritär Mesuren ze veréiwegen. Neen, et geet drëm, déi ganz Populatioun ze schützen an esou mann ewéi méiglech Mënscheliwe riskéieren ze verléieren.

Här President, d'Situatioun hei am Land an an eisen Nopeschlänner ännert stënterlech. Mir sinn a ville Froe vun eisen Noperen ofhängeg. Kleng Decisiounen zu Berlin, zu Paräis oder zu Bréissel kënnen enorm Auswierkungen op eist Land an eis Bevëlkerung hunn. Et ass net auszuschléissen, datt d'Regierung och stënterlech muss wäitgoend Decisiounen huelen, fir dorober ze reagéieren, Decisiounen, bei deenen den normale legislative Prozess net déi néideg Reaktionsfäegkeet erweist.

Bei dësem Gesetz, wat mer elo haut votéieren, si fënnef Deeg vergaange vum Depot bis et dann definitiv a Kraaft trëtt. Aner Gesetzer hei an der Chamber kënnen mer iwwer eng acceleréiert Prozedur an iwwert de Wonsch vun eis alleguer, fir néideg Mesuren ëmzesetzen, innerhalb vun zwou Wochen eventuell votéieren.

An als Lénk insistéiere mer duerfir, datt dee legislative Wee och weiderhin d'Reegel bleift. Mee et kann an dëser Kris zu Situatiounen kommen, wou mer déi Zäit net hunn.

Den État de crise huet eng ganz Rétsch Garde-fouen, déi eis wichteg sinn an déi ech och virun ernimmt hunn.

Éischstens, dat heiten ass keng Délégation de pouvoirs vun der Chamber un d'Exekutiv. D'Chamber gëtt keng Pouvoiren of. Eist Parlament bleift voll funktionsfäeg mat all senger Prerogativen esouwuel wat d'Kontroll vun der Regierung ugeet wéi och a sengem Rôle als Legislateur. D'Chamber schafft weider u Gesetzer.

Zweetens, just déi Mesurë kënnen geholl ginn, déi direkt mam Coronavirus ze dinn hunn. D'Regierung ass net habilitéiert, an anere Beräicher Gesetzer ze änneren oder ausser Kraaft ze setzen.

Drëttens, d'Chamber huet zu all Moment d'Méiglechkeet, d'Mesuren, déi d'Regierung hält, ze invalidéieren, andeems se vun hirem Recht Gebrauch mécht, eege Gesetzer ze maachen, déi eventuell falschen oder iwwerdrüwene Mesurë vun der Regierung den Teppich ënnert de Féiss géifen ewechzéien.

Véiertens, d'Chamber kann zu all Moment dëst Gesetz zum État de crise ofschafen.

A fënneftens an net onwichtig, all Decisiounen vun der Regierung mussen verhältnisméisseg sinn, proportional sinn, a se kënnen och vum Gericht herno ugefecht ginn.

Här President, wann dëst Gesetz gestëmmt gëtt, dann ass d'Chamber net am Chômage technique. De Géigendeel muss de Fall sinn. Grad elo mussen d'Deputéierten hirer Kontrollfunktoun vun der Regierung nach vill méi nokomme wéi virdrun. Mat dësem Gesetz befanne mer net iwwert den Inhalt vun den eenzelnen Dispositionen, déi d'Regierung bis elo geholl huet, mee just iwwert de Constat, datt d'Bedéngunge vum Artikel 32 (4) erfëllt sinn, a ginn der Regierung d'Méiglechkeet, stënterlech op Extreemsituatiounen ze reagéieren. Déi Differenz ass eis ganz wichteg.

D'Chamber alignéiert sech mat dësem Vott net all deene Mesuren, déi d'Regierung hält, mee se bleift kritesch an domadder och politesch. All Partei hei an der Chamber huet d'Recht, eenzel Mesuren ze kritiséieren, ze hannerfroen an och eege Propositionen ze maachen. Dat hei ass keng Gläichschaltung vun der Chamber.

An domadder behale mer och d'Méiglechkeet, déi Mesuren anzefuerderen, déi eventuell feelen. A gleef mer es, eiser Meenung no ginn et där eng jett an dëser Noutsituatioun, besonnesch am soziale Beräich! Mir als Lénk wäerten dat op jidde Fall maachen.

Här President, den Ausnahmezustand ass e ganz geféierlechen Zustand vun der Gesellschaft. E riskéiert d'Diere wäit opzemaache fir Mëssbrauch a Willkür. Duerfir brauche mer Kontroll. Duerfir brauche mer e staarkt a kritesch Parlament, well, Här President, et ginn elo schonn Statementen, déi mech am allerhéchste Mooss alarméieren an déi ech als Demokrat net akzeptéiere kann. An ech versichen dat esou roueg wéi et geet ze soen.

Mir sinn eis jo eens, datt mer och am Ausnahmezustand e Rechtsstaat bleiwen. Wann awer d'Vertriederin vum Parquet op enger Pressekonferenz ukënnegt, datt d'Gerichter ab elo méi haart Strofe wäerte verhänken, da krausele sech mir d'Zéiwenneel.

► **Une voix.**- Mir och.

(*Hilarité*)

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- D'Procureure générale huet net Gerichtsurteeler ze antizipéieren!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Dat geet net! Si kann am beschte Fall ukënnegen, datt de Parquet ab elo Héchststrofe freet, awer si huet net de Richter virzeschreiwen, wéi si ze urteelen hunn.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Dat ass eng grav a krass Violatioun vun der Séparation des pouvoirs. A mer wäerte misse le moment venu dorobber zrëckkommen.

► **Une voix.**- Ganz gutt!

► **Une deuxième voix.**- Très bien!

► **Une troisième voix.**- Ganz richtig!

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Manner grav wéi dat, wat ech elo zitéiert hunn, an awerhärzlech onglécklech fannen ech, datt op deene sëlliche Pressekonferenzen, déi Ministere ginn, ëmmer erëm déi Formel kënn, datt elo net de Moment wier, fir Fuerderungen ze stellen. Mir mengen, datt grad an dëser existenzieller Noutsituatioun d'Regierung muss e grousst Ouer hu fir d'Leit dobaussen, fir d'Zivilgesellschaft an och fir d'Politik.

Nëmmen eng Regierung, déi ganz gutt nolauschtert, ass och kapabel, an enger Noutsituatioun déi richtig a proportionéiert Decisiounen ze huelen.

Dës zwou Bemierkungen hunn ech gemaach, fir ze weisen, wéi séier et goe kann am Ausnahmezustand!

Mat dësem Gesetz gi mer der Exekutiv am Allgemengen an der Regierung am Spezielle kee Blanc-seing a kee Blankoscheck. D'Chamber muss de Garant bleiwen, datt fundamental Grondrechter an eiser Gesellschaft erhalte blei-

wen, och an dëser Noutsituatioun. Mir müssen alles drusetzen, datt d'Restriktiounen op dat beschränkt bleiwen, wat néideg a sënnvoll ass. Mir musse ganz gutt oppassen, datt och no der Kris d'Fräiheet an déi kritesch Auseanersetzung an eiser Gesellschaft net geschwächt gi sinn. A mir müssen derfir suergen, datt kee Mënsch hei am Land vergiess gëtt.

Här President, mam Vott vun dësem Gesetz gëtt d'Verantwortung vun eise demokratesch gewielte Parlament net méi kleng. Däers muss mer eis alleguer bewosst sinn.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Marc Baum.

Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net heefeg de Fall, datt d'Chamber samschdes zesummekënn. Dat seet eis schonn eleng: Et ass wichteg! Et ass eng Ausnamesituatioun. An effektiv, mir sinn an enger Kris.

Ech mengen, kee Politiker heibannen hält gären déi Mesuren, déi mir haut hei müssen huelen. Ma et sinn decisiv Mesuren, grav Mesuren, déi matentscheeden, jo, iwwer Liewen an Doud.

Här President, den 20. Januar 2016 huet den honorabelen deemools nach Deputéierten Alex Bodry am Numm vun enger grousser Majoritéit vun de Membere vun der Institutionskommission heibannen eng Proposition de révision de la constitution deposéiert, fir eeben deen Artikel 32 Paragraf 4 vun der Constitution unzepassen, deen haut invoquéiert gëtt, dat an engem Kontext, mir erënnere eis, wou knapps ee Joer virdrun, nämlech am Januar 2015, déi schrecklech Attentater op d'Redaktioun vum „Charlie Hebdo“ d'Welt an Otem gehalen hunn.

Dat selwecht Joer, fir genee ze sinn den 13. November 2015, kouw et zu Paräis zu weidere Attentater, notamment op d'Concertshal Bataclan, wou iwwer 130 Mënschen, onschëlleg Leit hiert Liewe gelooss hunn. Dës grujeleg Evenementer bleiwen eis bis haut am Kapp, wa mer iwwert dësen Artikel schwätzen.

Dës Attentater hunn dozou gefouert, datt Frankräich fir d'éischte Kéier säit dem Coup d'État an Algerien 1958 den État d'urgence ausgeruff huet. Divers europäesch Staaten hunn no dësen Terrorattacken hir Constitution ugepasst an hunn d'Notioun vum État d'urgence respektiv dem État de crise an hirer Constitution iwwerschaft a prezisiéiert, fir esou kënnen adequat op national an international Menacen a Krisen ze reagéieren, dorënner eeben an Lëtzebuerg.

Haut, am Kader vun der Coronakris, ass et keng terroristesch Menace, déi eis bedréit, mee et ass eng nach méi perfid, eng méi onsiichtbar Menace. Et ass e Virus. Et ass eng sanitär, eng gesondheetlech Menace. D'Politik muss an esou Situatiounen handlungsfäeg sinn an d'Regierung séier an ouni vill bürokrateschen Opwand déi adequat Mesuren huele loosser, fir esou d'Bevëlkerung vum Coronavirus ze schützen. Et geet drëms, ze verhënnere, datt onschëlleg Leit hiert Liewe verléieren.

Här President, duerch den État de crise kann d'Regierung, an dat hunn d'Virriedner hei scho gesot, ënner gewëssen Emstänn vum Parlement Pouvoiren, speziell Pouvoire kréien, fir kënnen iwwer e Règlement grand-ducal och a Matière, déi souguer duerch d'Verfassung dem Gesetz virbehale sinn, ze handeln. Mir schwätzen also vu plein Pouvoiren, awer ënner zäitleche Begrenzungen.

Wéi ech virun zéng Joer mat e puer Verrécktenen d'Piraten gegrënnt hunn, hätt ech mer net geduecht, ...

(*Interruptions et hilarité*)

... datt ech eng Kéier géif hei stoen ...

(*Hilarité*)

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV).- Dat hutt Dir elo gesot.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- ... an iwwer plein Pouvoire ...

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Et sinn der ze vill.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- ... fir d'Regierung géif ofstëmmen.

D'Piraten goufe gegrënnt, fir d'Rechter vun de Biergerinnen a Bierger ze stärken, fir ze verhënnere, datt de Staat sech iwwer grondleeënd Rechter vun eis alleguerte kann ewechsetzen. An dat maache mer bis haut mat vollem Asaz.

An dofir ass et och haut mat engem awer kräischenden A, datt mer dëst matdroe wäerten. Et ass nämlech wichteg, datt och an engem État de crise d'Grondrechter weiderhi geschützt bleiwen. Et sinn aussergewéinlech Emstänn an dës verlaangen eeben dës aussergewéinlech Moyenen.

Här President, mam Règlement grand-ducal vum 18. Mäerz gesi mer elo schwaarz op wäiss, wat den État de crise zu Lëtzebuerg bedeit. E bedeit weesentlech Aschränkungen a Saachen Déplacement fir de Public. Et gesäit een awer och Limitatiounen, wat den Openthalt a kulturellen, sozialen, Sports- a weideren Infrastrukturen ugeet. Et ass eng grouss Aschränkung vun de Grondrechter op fräi Entfaltung vun den eenzelne Mënschen.

De Projet de loi 7534, deen d'Chamber haut wäert stëmmen, verlängert dësen État de crise aus dësem Règlement grand-ducal fir maximal nach dräi Méint. Dofir brauche mer och déi speziell Zweedrëttelmajoritéit, déi fir d'Verfassungsfrage virbehalen ass. Mir Piraten si frou, datt mer hei konnten Unanimitéit derfir fanen. An och dat weist: An enger Kris ka Lëtzebuerg zesummestoen!

Jo, den État de crise bedeit weesentlech Aschränkungen an eise aldeegleche Liewen an en déiwen a schmärerhaften Aschnëtt an eis Economie. Trotzdeem dierfe mer elo net kapituléieren. Mir müssen agéieren. Dësen État de crise muss der Regierung elo d'Moyene ginn, fir onbürokratesch a séier alle Leit, vun de Salariéen iwwert d'Entreprisë bis hin zu den Indépendanten a Chômeuren, kënnen ze hëllefen, sief et duerch d'Opkënnegung vu virgeschriwwenen Delaien, de Chômage partiel, wéi scho gemaach, oder - firwat net? - duerch e bedéngungslost Grondakomes fir déi, déi et besonnesch haart trifft. Wéi gesot, et sinn aussergewéinlech Emstänn. Dës verlaangen och aussergewéinlech Moyenen a Mesuren. Parteipolitik huet op dëser Plaz näischt verluer.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Här President, ech liesen an der europäescher Press vu jonke Leit op Intensivstationen, vu Leit, déi d'Liewen nach viru sech hunn. Ech liese vun eelere Leit, déi e Liewe laang geschafft hunn an elo leiden. Ech héieren aus éischter Hand vun iwwerfuertem Gesondheetspersonal, wat Dir fir Dag alles gemaach gëtt, heiansdo ëmsoss.

Dëst hei ass net déi éischt Kris, déi eist Land muss meeschteren. Fräiheet huet an esou enger Kris hire Präis. A wann de Präis fir d'Fräiheet no der Kris ass, datt mer elo doheem bleiwe mussen, da sollte mer dat maachen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e Fuerscher an de Politikwëssenschafte vum franséische Centre national de la recherche scientifique an en Direkter vum Collège d'Europe schreift gëschter an engem vu sengem Artikelen: „Et ass a Krisenzäiten, wou sech den Ënnerscheed tëscht populisteschen a moderéierte Politiker opdeet.“ A wéi de Coluche scho sot: «  Ils ont des théories sur tout, mais surtout ils ont des théories. » D'Populiste sinn net kapabel, sech op éierlech fondéiert Argumenter ze baséieren, während eng moderéiert Politik dooraus besteet, Decisiounen ze huelen, déi sech imposéieren, quitte, datt se onpopulär kënnen sinn.


Mir Piraten schléissen eis deem un. Mir gesinn den État de crise als eng Measure, déi op Fakten, op Verstand a Wëssenschaft baséiert. Mir dierfen elo net an d'Emotioun verfallen, mee mir musse Mesuren huelen, déi de Leit wirklech hëllefen, fir eng Katastroph ze vermeiden.

Jo, et wäerte Sanktiounen gi fir Leit, déi sech net un d'Consignen halen. A Sanktiounen gesi mer grondsätzlech kritesch. Mee mir hunn an deene leschten Deeg leider misse gesinn, datt och mat deem beschte gudde Wëlle vill Leit d'Consignë vum Règlement grand-ducal nach ëmmer mëssuecht hunn an deementsprechend brauch et dës Sanktiounen, fir esou d'Leit ze schützen. Wou den Appell: „Bleift doheem!“ net gräift, muss de Staat penaliséieren. Wéi den Immanuel Kant scho sot: „Die Freiheit des Einzelnen endet dort, wo die Freiheit des anderen beginnt.“

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësen État de crise dierf net zur Normalitéit ginn. Mir Piraten si fir Fräiheet a sozial Sécherheet vun all Eenzelnen ouni Iwwerwachung, mat esou mann wéi méiglech Staatsgewalt. Mir kënnen dësse Projet de loi matdroen, well en d'Biergerinnen an d'Bierger schützt. Mir wënschen eis awer näischt méi, wéi datt deen Zustand hei esou séier wéi méiglech erëm opgeleest gëtt an datt mir erëm fräi sinn, ouni awer de Gedanke vu Solidaritéit erëm ze vergiessen, deen an dëser Kris esou present ass. Loosst eis déi richtig Léieren aus dëser Zäit zéien a loosst eis no vir an eng gesond, fair an europäesch Zukunft kucken!

Il y en a, des personnes qui n'ont pas la chance d'être avec leurs proches dans ces temps de





crise! Il y en a qui sont sans abri, il y en a qui seront livrées à la violence de leur mari. Il y en a qui travaillent durement, sans répit, pour nous tous. Ce sont des Luxembourgeois, des Portugais, des Italiens, des Français, des Allemands, des humains. Tous, ils vivent la même misère en tant qu'Européens, en tant qu'humains. Nos pensées sont avec vous !

Wenn diese Krise eines aufzeigt, dann, dass wir alle Menschen sind, die nach einem gesunden, fröhlichen und erfüllten Leben streben. Wir werden aus dieser Krise lernen. Wir dürfen jetzt nicht egoistisch handeln.

Martin Luther King Junior used to say: „Let us not seek to satisfy our thirst for freedom by drinking from the cup of bitterness and hatred.“

D’Piraten soen haut: „This is the time of solidarity between everyone living in this country, on this planet and willing to fight this virus.“

Bleift doheem! Schützt Är Matmënschen! Sidd solidarisch! Zesumme packe mer dat.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D’Regierung huet d’Wuert, de Premierminister, den Här Xavier Bettel.

## Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d’État*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d’éischt der Chamber an den Institutione Merci soen. Et ass scho gesot ginn: Samschdes zesummekommen, de Conseil d’État, dee bannent e puer Stonnen en Avis schreift, an haut am Fong duerch de Vott vun dësem Gesetz den État de crise fir eng Period vun dräi Méint verlängeren, dat beweist, dass, wann et drëms geet, mer all zesummenhalen an d’Institutionen och an dësem Land funktionéieren. Ech wëll lech dofir, Här President, an de Membre vun der Chamber an dem Staatsrot Merci soen, dass dat och méiglech ass.

Ech weess, dass hannendrun eng Rëtsch vu Beamten déi lescht Deeg net geschlof hunn, fir dass mer kënnen haut och zesummesetzen. An ech wëll deenen och alleguerten e grouse Merci soen.

Ech wëll dem Rapporteur och Merci soen. An hei awer och direkt d’Madamm Lenert entschëllegen, déi um Terrain ze schaffen huet an haut net ka bei eis sinn.

Dir hutt alleguerte gesot, dass et en Ausnahmezustand wier. Ech muss lech ganz eierlech soen, ech géif haut léiwer net virun lech stoen! Ech wier léiwer e Premierminister, deen net haut misst iwwert den Artikel vum État de crise lech soen, dass mer 670 Infektionen hunn an aacht Leit, déi hiert Liewe verluer hunn. Mee ech soen lech Merci fir d’Verständnis, dass all Minutt, all Stonn, all Dag an dëser Kris zielt.

De Rapporteur sot virdrun, dass d’Leit et verstanen hunn. Neen, net all! Et gétt nach ëmmer Leit, déi sech net un d’Reegelen halen. Nach ëmmer net! An ech mengen, d’Zuele schwätze fir sech: aacht Doudeger, 670 infizéiert Leit.

Mir haten déi lescht Deeg bal all Dag Regierungsrot. Bal all Dag Regierungsrot! An et wäert déi nächst Wochen net vill besser goen. Fir eis ass d’Relatioun mat der Chamber primordial an deem Kontext. Mir si jo souguer méi wäit gaang wéi dat, wat den Text seet! Mir sinn, ier mer et declenchéiert hunn, bei lech komm, fir lech ze soen, dass mer et géifen declenchéieren. Mir si mam Reglement bei lech komm, fir lech dat ze weisen. A mir hunn lech och nogelauschert, wéi d’Suggestioun komm sinn. Dat ass fir mech am Moment dat Wichtigst, dass mer zesummenhalen, dass hei keng Plaz ass fir Parteipolitik, mee mer wirklech just eppes am Sënn hunn an dat ass, dass mer zesummen déi Kris meeschteren.

Ech hunn och déi Texter gesinn, déi Der wëllt stëmmen. Jo, mir sinn ëmmer der Chamber zur Verfügung! Mir si bereet, all Woch bei lech ze kommen, fir lech och de Point ze maachen. Et ass net, dass den éischte Pouvoir hei ausser Kraaft gesat gétt.

An au contraire, no deem heiten Text, Här President, stëmmt Der jo nach aner Gesetzter. An Dir wësst, dass mer och aner Gesetzter deposéiert hunn am Kontext vun der Kris - am Kontext vun der Kris! -, déi mer awer net iwwer e Reglement geholl hunn, fir dass Der déi och an deenen nächsten Deeg a Wochen hei kënt stëmmen.

Dat heescht, mir wëlle wirklech dat Ganzt just limitéieren op dat, wat urgent muss geholl ginn, well mer wëssen, dass soss péril en la demeure ass an e Risiko ass. Hei huet kee Member

vun dëser Regierung wëlles, dass do am Fong Gesetzter oder Texter sollte geännert ginn, well e mengt, dass dat da vläicht besser wär, mee just am Kader vun dëser Verlängerung vun dësem Text.

Et ass vill iwwert den Text geschwat ginn. Jo, Här President, den Text ass net perfekt. Den Text ass net perfekt. Mir hu gekuckt, esou séier wéi méiglech op d’Kris eng Antwort ze ginn. Et si fir eis eng Rëtsch vu Punkten, déi vläicht och nach ... An Dir hutt jo och gesinn, dass mer gëschter nach d’Reglement geännert hunn a mir wäerten och d’Reglement nach änneren, wa mer mierken, dass et Saache sinn, déi vläicht net kloer genuch sinn oder vläicht Saachen, déi musse prezisiéiert ginn. Eng Regierung huet vläicht séier agéiert, mee huet misse séier agéieren! Et wor keen anere Choix do.

Et sinn eng Rëtsch vu Saache gefrot ginn, Här President, wéi zum Beispill iwwert d’Material. An ech muss och soen, dass an deene leschten Deeg oder Wochen an Nopeschlänner Material, wat fir Lëtzebuerg destiniéiert war, blockéiert war, an dass op Interventioun vun der Regierung verschidde Materialer deblockéiert gi sinn. Mee verschidde Länner haten decidéiert, Material, wat destiniéiert war fir aner EU-Länner, ze saiséieren, ze blockéieren. An dowéinst ass et mam Material zimmlech ...

Mir sinn eent vun deene Länner, wou mer och tributaire si vum Ausland! Mir hu wéineg Produktioun hei zu Lëtzebuerg vu Material. Dowéinst ass et wichteg, dass mer och déi gutt Relatiounen opgebaut hunn, an dass mer och wëssen, dass mer haut, an ech wäert duerno drop zrëckkommen, op aner Länner, vläicht wäit vu Lëtzebuerg, kënnen zielen, déi eis och eng Hand reechen.

Wann ee vu Material schwätzt, just fir lech ze soen, ech hunn d’Zuele vu gëschter kritt: Et wäerten eng ongeféier 1.500 Tester gëschter gemaach gi sinn. 1.500 si gëschter gemaach ginn! Wann ee proportional kuckt, gehéiere mir zu deene Länner, wou bal een Test - just elo fir gëschter dann zum Beispill ze huelen - op 420 Awunner gemaach gétt. Wat immens héich ass! A mir si frou, dass déi Tester och kënnen gemaach ginn! An dofir hu mer och vläicht eng Zuel, déi an d’Luucht geet, mee mir hu léiwer, dass d’Leit wëssen, wa se de Coronavirus hunn, dass se Porteur vum Virus sinn a sech musse confinéieren, nach méi wéi déi aner, an iwwerhaapt net méi a Kontakt kommen och mat deene Leit, mat deene se doheem wunnen. Sou mann wéi méiglech op jidde Fall!

Et ass gefrot ginn iwwer e Plan B an iwwert d’Grenzen. Mir maachen alles, a gleeft mer, dass do permanent de Kontakt leeft, fir d’Grenzen opzeloossen, fir dass de Frontalier duerchkennt. A mat deem Message, dee mer hinnen och ginn hunn, dass deen Dag, wou d’Grenzen zougemaach ginn a kee méi hei an d’Land erakënnt, mer net kënnen iwwerliewen. Mir net kënnen iwwerliewen! A wa verschidde Leit mengen ze soen: „Maacht d’Grenzen dach einfach zou, dat wier vill méi einfach!“, dann iwwerlieft keen hei zu Lëtzebuerg an engem Krankenhaus, an engem Spidol. Keen! Well d’Personal, de Gros vum Personal kennt aus der Groussregioun.

Ech hu gëschter jo schonn déi éischt Zuele ginn. Um Dag vun haut hu mer 187 Leit, déi och an Hotelstrukture schlofen. Dat heescht, et ass nach Potenzial do, wann et géif eng Kéier zougoen. Mee wéi gesot, bis elo hu mer déi Garantie kritt. An net méi spët wéi gëschter zum Beispill krute mer gemellt, dass am Norde vum Land, op der däitscher Grenz, verschidde Points frontières géifen zougemaach ginn. Do hu mer dann als Regierung och intervenéiert bei eisen däitsche Kollegeen, fir ze kucken, wéi mer da kéinten zesumme kucken, déi Pointen opzemaachen, well soss déi Leit, déi dann an den Norden a Strukture wéilte kommen, bal 100 Kilometer misste ronderëmfueren, fir an d’Land eranzekommen. Do hu mer mat den däitschen Autoritéiten en Accord fonnt a 50 Douanieren zur Verfügung gestallt, fir hinnen ze hëllefen. An du sinn déi Pointen och nees opgemaach ginn.

Et sinn och Froe gestallt ginn iwwert den Internet. En Appell och: Wann d’Leit e Wi-Fi doheem hunn, solle se op de Wi-Fi goen. Dat entlaascht d’4G-Strukturen. Dat entlaascht! Dat klängt elo vläicht einfach, mee wann Der de Wi-Fi hutt oder eng Méiglechkeet, un de Wi-Fi ze goen, entlaascht Der och de 4G, wann Der dat macht.

Iwwert d’Betriber. Dat, wat ech gesot hunn, ass nach ëmmer richtig. A mir hunn direkt reagiert. De Chômage partiel, dee geholl ginn ass, wor justement fir deene Leit, déi och am Betrib, ze hëllefen an och dem Patron kënnen ze hëllefen, esou séier wéi et gaang ass! A mir sinn eis bewusst, dass déi Zomm, déi mer haut am Budget stoen hunn, muer eng ganz aner wäert

sinn. Mir sinn eis däers bewusst. An den Här Kersch huet och schonn Demarchen ënnerholl, fir eeben och déi Zomm ze vervillfachen, kann ech lech soen, well mer wëssen, dass de Montant, dee mer virgesinn hunn, net duergeet.

Mir wëssen och, dass d’Betriber ... A wann hei gemengt gétt, dass de Wirtschaftsminister gesot hätt, mir géifen de Betriber net hëllefen: Mir wëllen de Betriber hëllefen! Dat Eenzegt, wat ass: E Betrib, deen et gëschter scho schweier hat, huet de Wirtschaftsminister wëlle soen, do kënnen mer keng Recette miracle maachen, fir dass e muer nees op eng Kéier aneschtters geet. Mee de But ass, dass mer all de Betriber wëllen hëllefen! All de Betriber wëllen hëllefen, egal wat et kascht! Egal wat et kascht!

Mir wäerten zesummen, soubal déi Kris eriuwer ass, an och scho virdrun, d’nächst Woch wäerten nämlech och de Wirtschaftsminister, de Finanzminister an de Mëttelstandsminister Delles zesumme Piste presentéiere mat Zuelen, mat Zommen, mat Mechanismen. Mee ech kann lech just soen, dass, wa mer bis déi Kris gemeeschtert hunn, mer eis all mussen och nees zesummesetzen an e Marshallplang fir Lëtzebuerg ausschaffen, wéi mer eis Wirtschaft nees weider un d’Goe kréien, fir nees déi Économie ze hunn, wou awer d’Leit och Aarbechtsplazen hunn a wou och kleng Betriber, Mëttelbetriber an och grouss Betriber, mee all déi, déi kleng Betriber an och d’Independanten net ze vergiessen, well ze oft vergësst een, déi och ze ernimmen, musse weider Perspektiv kréien. A mir engagéieren eis dozou, dass mer dat och wëlle maachen.

Mir hunn eng Rëtsch vu Betriber, déi mer zougemaach hunn, wou mer selwer decidéiert hunn, déi maachen zou. Et gétt eng aner Rëtsch vu Betriber, wou d’Leit soen: „Mir kënnen net méi schaffe kommen“ oder „Mir hunn de Congé pour raisons familiales“, dat heescht Betriber, déi och net méi fonctionéieren oder unilateralement d’Decisioun geholl hunn, och zouzemaachen, deene wäerte mer och hëllefen. A mir hunn eng ganz Rëtsch vu Leit, déi schaffe mussen. An ech wëll deenen hei e grouse Merci soen.

Dat fänt u selbstverständlech beim Gesondheets- a beim Flegesecteur, ouni déi am Moment déi ganz Hëllef, déi wirklech déi Leit brauchen, déi am Moment am Milieu hospitalier sinn, déi a Spideeler sinn, net kéint fonctionéieren. Mee et geet och iwwert den Transportsecteur, well d’Material géif net ukommen, d’Wuere géifen net ukommen, wann den Transportsecteur net do wier, ob dat elo vu Wueren oder vu Mënschen ass, fir déi justement och op hir Aarbechtsplaz kënnen ze deplacéieren. Ob dat dee ganze Secteur alimentaire ass, wou d’Leit kucken, dass d’Regaler gefëllt ginn an dass Der och eppes ze kafe kritt oder och dass de Buttek och fonctionéiert.

An dofir nach eng Kéier deen Appell: Net vergiessen, dass, wann all déi Leit, déi schaffen an owes an de Buttek kënnen goen, eidel Regaler fannen, en totale Manque vu Solidaritéit ass. Et huet kee Wäert, de Weenche voll ze maachen! Vergiesst déi Leit net, déi do fir lech a fir ons alleguerte schaffen!

Et sinn eis Beamten, déi kucken, dass de Staat weider fonctionéiert, ob dat op Gemengenniveau ass, ob dat op Staatsniveau ass. Et sinn déi Hygiène-Déngschter, déi fonctionéieren alleguerten, fir dass mer d’Salubritéit och zesumme kënnen halen. Et ass d’Police, et ass d’Armée, et sinn d’Pompjeeën, déi am Déngscht si fir och alleguerten. Et sinn déi Handwierker, déi, wann eppes, wann e Lift füttigeet, déi d’Urgencen och kënnen fëcken, déi do asprangen. Et ass d’Cargo-lux, déi eis erlaabt, eng Brëck ze hu mat der ganzer Welt. Et ass d’Press, déi erlaabt, dass mer iwwert déi heite Saachen informéiert ginn. Et sinn d’Tankstellen, et sinn d’Elektesch an d’Waasser.

Ech kéint elo nach eng ganz laang Lëscht maache vun deene Leit, déi kee Choix hunn, fir dass mer kënnen déi Situatioun och iwwerliewen, an déi wëssen, dass se do eng Responsabilitéit hunn an dass et ouni si net geet. An ech kréie Messagë geschéckt vu Leit, vu Polizisten, vun hei a vun do, fir ze soen: „Et ass net einfach, mee mir wëssen, dass mer gebraucht ginn.“ Dat ass deen Élan de solidarité, deen een och huet vu ganz, ganz ville Leit, déi kee Choix hunn.

Mir hunn och gutt Nouvellé gehat déi lescht Deeg. An ech mengen, gëschter hu mer mat der NSPA eng nei Annex kënnen baue beim CHL, déi mer elo vläicht net brauchen, mee Dir hutt et virdu gesot: „Mir mussen anticipéieren. Mir dierfen net nëmme reagéieren an dëser Kris. Mir musse prett sinn.“

Mir mussen anticipéieren a mir hunn och de Mot d’ordre ginn: „Bestellt, wat mer kréie vu Material!“ Well Dir musst wëssen, dass selbstverständlech iwwerall elo deen een oder deen anere kuckt, als Land, fir säin eegent Material ze bestellen. An dat ass awer och duerch déi

gutt Lienen, déi mer hu mat China, mat der Provënz vun Henan, awer och mat verschiddene Betriber.

Mir hu Betriber, mir hunn Dokterer, déi elo zum Beispill net méi esou vill kënnen schaffen, déi eis gesot hunn: „Mir ginn lech onst Material, wann Der et gebrauchte kennt.“ Deen Élan de solidarité geet ..., virdrun huet ee mer geschriwwen hei: „Här Premierminister, merci, dass Der dat gesot hutt vun de Loyerer. Well mir als Geschäftsleit, wa mer net kënnen schaffen, mir wëssen net, wéi mer de Loyer kënnen bezuelen.“ An de Proprietär huet eis geschriwwen: „Mir kucke schonn, eens ze ginn. Dir musst de Loyer elo net Enn des Mounts iwwerweisen.“ Dat ass och en Zeeche vu Solidaritéit!

Ech hunn e jonke Bauer, dee mer geschriwwen huet a gesot huet: „Normalerweis liwwere mer net eis Wueren. Mee wann d’Leit es brauchen, mir huelen den Auto an da fuere mer duerch d’Landschaft.“ All déi Elanen, wou ee virdrun vläicht eppes net gemaach huet a wou een haut bereet ass ze hëllefen, op deen aneren opzepasst!

Dowéinst ass et fir mech immens wichteg, dass mer déi Solidaritéit hunn, bei den Akeef, bei deem Engagement vun de Leit, déi och wëllen hëllefen. A mir hunn - Dir hutt virdrun och vu „Plan B“ geschwat - déi Zuel vu Leit, déi sech melle fir ze soen: „Wéi kann ech hëllefen?“ - „Wéi kann ech hëllefen am Rettungsdéngscht?“ - „Wéi kann ech hëllefen, well ech eng Formation hunn?“ - „Ech sinn an der Pensioun, mee ech sinn awer bereet, nees hëllefen ze kommen“, wou een dat ëmmer muss op d’Wo setze wéinst der Vulnerabilitéit. Mee all déi Leit, déi bereet sinn, engem ze hëllefen, déi Leit, déi sech spontan gemellt hunn: „Ech hunn eng Wunneng. Ech stelle se zur Verfügung fir e Frontalier.“ Ech sinn houfreg iwwert déi Solidaritéit, déi mer hei an dësem Land hunn.

A mir hunn och gekuckt als Regierung, wéi mer fir déi, déi et net kënnen aneschtters maache wéi iwwert dee „LëtztShop“, fir déi Leit, déi vulnerabel sinn, ... Wou gëschter 660 Commanden am Ganzen elo erakomm sinn iwwert déi zwee Deeg. Dat heescht, dass och do e Besoin war, wou d’Leit dann och heem eppes geliewert kréien, well se keen anere Choix hunn. Mee déi meescht Leit hu sech och aneschtters organiséiert.

Dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, soen ech lech Merci fir d’Vertrauen. Den Artikel 32 (4) ass keng Fräifaartkaart. Et ass kee Chèque en blanc. Et ass responsabelt zesummenhalen. Well am Kampf géint de Coronavirus hei am Land, Här President, gétt et keng Majoritéit an et gétt keng Oppositioun, et gétt eng Union nationale!

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Premierminister Xavier Bettel. D’Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7534. Den Text steet am Document parlementaire 7534<sup>2</sup>. Wéinst de sanitäre Mesuren, déi am Kader vun der Coronaviruspandemie geholl gi sinn, leeft haut de Vott e bëssen anescht wéi soss. D’Deputéiert sinn an e puer Säll opgedeelt, fir den Ofstand vun zwee Sëtzer tëscht den Deputéierte kënnen anzehalen. Mir wäerten als Éischt zur Ofstëmmung vun deenen Deputéierten, déi hei am Sall sinn, kommen. An duerno komme mer zur Ofstëmmung vun den Deputéierten, déi an deenen anere Säll sinn, an dat ee Sall no deem aneren.

Ech wollt drop hiweisen, datt den noutwendege Quorum, fir de Vott kënnen ze maachen, ginn ass. De Vott wäert haut och ausnamsweis net elektronesch gemaach ginn. Mir maachen e Vote par appel nominal. Dofir zéien ech elo deen Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken. Duerno fuere mer mam Opruff fir de Vott an alphabetescher Reiefolleg virun.

**Vote sur l’ensemble du projet de loi 7534 et dispense du second vote constitutionnel**

D’Ofstëmmen fänt un.

**(Le vote par procuration n’est pas permis pour le projet de loi 7534.)**

**Appel nominal (votes personnels des députés présents dans la salle des séances plénières)**

Ech bieden d’Deputéiert, déi am Sall sinn, erauszetrieden an erof op de Rez-de-chaussée ze goen, während d’Deputéiert aus dem Sall 4-5 elo kënnen an de Sitzungssall kommen.

Ech zéien elo deen Deputéierten, mat deem mer ufänken.

**Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 4-5)**

Ech bieden d’Deputéiert, déi am Sall sinn, erauszetrieden an erëm an de Sall 4-5 ze goen,





während d’Deputéiert aus dem Sall 1-2 elo kënnen an de Sitzungssall kommen.

Ech zéien elo den Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken.

## **Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 1-2)**

Ech hu jo kee vergiess vun deenen, déi hei sinn? Ma da kënt Dir erëm zrëckgoen an de Sall 1-2. An da bieden ech d’Deputéiert aus dem Sall 3, an d’Plenièr ze kommen.

Ech zéien dann elo den Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken.

## **Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 3)**

Dat wiere se all. Merci villmools. Dir kënt an de Sall 3 zrëckgoen.

Den Här Marc Hansen, deen an engem anere Sall ass, kann elo ofstëmme. Mir kënnen mam Vott weiderfueren.

## **Appel nominal (vote personnel du député d’une autre salle)**

Merci. Dir kënt erëm an de Sall zrëckgoen. Déi Deputéiert, déi am Sall vun der Plenièr waren, déi kënnen erëm zrëck an d’Plenièr kommen.

Mir hunn de Quorum erreecht an de Vott ass heimat ofgeschloss.

D’Resultat ass follgend: 56 Jo-Stëmme, keng Nee-Stëmm, keng Enthaltung. De Projet de loi 7534 ass mat 56 Jo-Stëmme eestëmmeg ugeholl.

## **(Le projet de loi 7534 est adopté conformément à l’article 114 (2) de la Constitution.)**

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen et Fernand Kartheiser ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

## **(Assentiment)**

Déi Deputéiert, déi eventuell net mat der Ufro vun der Dispens averstane sinn an an engem anere Sall sinn, hunn elo d’Méiglechkeet, an de Sitzungssall ze kommen an dës ze mellen.

Ech stelle fest, datt kee géint d’Ufro vun der Dispens vum zweete Vote constitutionnel ass.

Et ass deemno decidéiert, datt d’Dispens ugefrot ass.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

## **Motions et résolution**

**(M. Fernand Kartheiser souhaite que ses motions n° 2, n° 3 et n° 4 soient évacuées ultérieurement et elles sont de ce fait renvoyées à la Conférence des Présidents.)**

Mir kommen dann elo zu der Motioun an zur Resolutioun. Wëllt dozou nach een d’Wuert ergräifen?

Da kéime mer elo zum Vott iwwert d’Motioun an d’Resolutioun. Mir maachen esou wéi vir-drun de Vote par appel nominal a mir stëmmen awer da pro Grupp zesummen of.

D’Ofstëmmen fänkt un. Fir d’éischt stëmmen mer iwwert d’Motioun of an duerno iwwert d’Resolutioun.

## **Vote sur la motion 1**

## **Appel nominal (votes personnels des députés présents dans la salle des séances plénières)**

Dat wiere se all.

Da kéime mer elo zur Ofstëmmung iwwert d’Resolutioun. Och do zéien ech dann erëm de premier Votant.

## **Vote sur la résolution 1**

## **Appel nominal (votes personnels des députés présents dans la salle des séances plénières)**

An domat hu mer déi all. Da kënnen elo d’Deputéiert erëm erof op de Rez-de-chaussée goen an d’Deputéiert aus dem Sall 4-5 kënnen an d’Plenièr kommen.

Mir stëmmen fir d’éischt iwwert d’Motioun of.

## **Vote sur la motion 1**

## **Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 4-5)**

Da stëmmen mer nach iwwert d’Resolutioun of.

## **Vote sur la résolution 1**

## **Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 4-5)**

Voilà. Da kënt Dir elo zrëckgoen an de Sall 4-5.

An d’Deputéiert aus dem Sall 1-2 kënnen an d’Plenièr kommen.

Ech zéie fir d’éischt den Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken, an duerno fuere mer weider an alphabetescher Reiefolleg.

## **Vote sur la motion 1**

## **Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 1-2)**

Merci villmools.

Da kéime mer zum Vott iwwert d’Resolutioun.

## **Vote sur la résolution 1**

## **Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 1-2)**

Merci villmools. Da kënt Der an de Sall zrëckgoen. A mir kéimen dann zum Sall 3. D’Deputéiert am Sall 3, déi kënnen an d’Plenièr kommen.

Ech zéie fir d’éischt den Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken.

## **Vote sur la motion 1**

## **Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 3)**

An da kéime mer zum Vott iwwert d’Resolutioun. Fir d’éischt zéien ech den Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken.

## **Vote sur la résolution 1**

## **Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 3)**

Merci villmools. Da kënt Dir erëm an Äre Sall zrëckgoen.

Da kënt nach den Här Marc Hansen an de Sall. Déi aner Deputéiert solle vläicht waarden, bis datt den Här Marc Hansen erduerch ass.

## **Vote sur la motion 1**

## **Appel nominal (vote personnel du député d’une autre salle)**

## **Vote sur la résolution 1**

## **Appel nominal (vote personnel du député d’une autre salle)**

Merci villmools. D’Deputéiert, déi am Ufank am Sitzungssall waren, kënnen elo erëm zrëck an de Sitzungssall kommen.

Mir hunn de Quorum erreecht. An de Vott ass heimat ofgeschloss.

D’Resultat bei der Motioun 1 ass follgend: 55 Jo-Stëmme, keng Nee-Stëmm a keng Enthaltung. D’Motioun 1 ass domadder mat 55 Jo-Stëmme eestëmmeg ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes et Claude Wiseler ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen et Fernand Kartheiser ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Wat elo d’Resolutioun 1 ubelaangt, ass d’Resultat follgend: 55 Jo-Stëmme, keng Nee-

Stëmm, keng Enthaltung. D’Resolutioun 1 ass domadder och mat 55 Stëmme eestëmmeg ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes et Claude Wiseler ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen et Fernand Kartheiser ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

## **5. 7465 - Projet de loi relative aux dispositifs transfrontières devant faire l’objet d’une déclaration**

Deen nächste Punkt vun eise Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7465, d’Transposition vun där sougenannter DAC-6-Direktiv. D’Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D’Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d’Wuert.

## **Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, viru Kuerzem war hei am Parlament de Finanzausschuss aus dem Hessesche Landtag op Besuch. D’Deputéiert aus eise Nopeschland waren net nëmme beandrockt vun der viller a komplizierter Aarbecht, déi d’Finanzkommissioun an d’Kommissioun vum Contrôle vun der Budgetausféierung leeschten, souwéi och vun eise Wëssen iwwert d’Verbindungen tëscht dem Land Hessen an eiser Dynastie, si wousten och genee, dass mir et als souveräne Staat am Laf vun de leschte 40 Joer fäerdegbruecht hunn, eng diversifizéiert an innovativ Finanzplaz opzebauen, déi et roueg mat Frankfurt, wann ee mol vun hirer an eiser Bourse ofgesäit, ophuele kann.

Ee vun den däitschen Deputéierten huet eis u LuxLeaks erënnert. Ee Moment konnt een den Androck kréien, dee gudder Mann weisst net, dass mer an deene leschte Joren hei zu Lëtzebuerg ganz vill Ustengungen ënnerholl hunn, fir eng Finanzplaz ze entwëckelen, déi propper dosteet a mëttlerweil iwwer en exzellente Ruff verfüügt.

Schliisslech hu mer hei am Parlament zeg Direktiven an eist nationaalt Recht ëmgesat, déi fir méi Transparenz a méi Substanz suergen an déi virun allem aggressiv Steiervermeidungspraktike vermeiden hëllef sollen. D’CSSF mécht iwwregens an deem Kontext eng ganz gutt Aarbecht.

Jo, et geet ëm d’Bekämpfung vu Steiervermeidung an domat ëm den Asaz fir méi Steiergerechtegkeet. Lëtzebuerg léisst sech do net huelen a figuréiert haut op kenger groer Lëscht, esou wéi am Joer 2009, wou d’OECD eis niht 40 anere Länner op eng gro Lëscht vun de Steierparadiser gesat hat. Déi Zäite si glécklecherweis erriwwer. Ech hunn dem hesseschen Deputéierte gesot, dass mer kee Steierparadis sinn an dass mer dat och, an dat och genee virun engem Joer, vu kengem geréngere wéi dem deemolegen EU-Kommissär Pierre Moscovici bestätegt kruten. Lëtzebuerg setzt schliisslech all europäesch Direktiven ëm. A mir sinn domat kee Land, dat eng exzessiv Steieroptimisatioun encouragéiert.

Mir wëllen eis haut awer och drun erënneren, dass mer virun e puer Méint déi sougenannt ATAD-2-Direktiv hei am Plenum ëmgesat hunn. ATAD steet jo fir Anti-Tax Avoidance Directive. D’Zil vun dëser europäescher Richtlinn war an ass et, dass d’Benefisser do besteiert ginn, wou se och tatsächlech erwirtschaft ginn an och wierklech eng Plus-value geschaf gëtt.

Dobäi goug et jo och drëm, fir duerch eng Rëtsch Reegelen eng aggressiv Steierplanung an domat also Steierflucht ze vermeiden. Dat geschitt jo bekanntlech dann, wann zum Beispill Benefisser aus enger Juridictioun an eng aner, wou de Steiertaux méi niddreg ass, op kënschtlech Manéier iwwerwise ginn.

Bei dem Projet de loi, dee mer dann elo haut op de Leescht huelen, de Gesetzesprojet 7465 also, handelt et sech ëm d’Ëmsetzung a Lëtzeburger Recht vun der Europäescher Direktiv 2018/822 iwwert den automateschen an obligatoreschen Austausch vun Informatiounen bei Steierfroen, a méi genau geet et bei dësem Gesetzesprojet ëm de Volet vun de sougenannten Dispositifs transfrontières devant faire l’objet d’une déclaration, och nach am technesche Jargon DAC 6 genannt.

Dës Direktiv, a soumat och dëse Gesetzesprojet, soll fir méi Steiertransparenz suergen. Eng Reduzéierung vun de Gewënnverlagerunge gëtt ugestriift. Dës ass jo verantwortlech fir d’Erosioun vun der Besteuerungssubstanz. Dës Direktiv baséiert sech besonnesch op d’BEPS-Recommendatiounen vun der OECD a virun allem op d’Aktioun 12 iwwert d’Règles de communication obligatoire d’informations.

Zur Erënnerung: BEPS steet fir Base Erosion and Profit Shifting. Dat heescht, d’Reduzéierung vun der besteierbarer Basis an d’Hin- an Hieriwwerweise vun de Profitter, fir op dës Fassong esou mann wéi méiglech Steieren ze bezuelen. D’Memberstaate sollen duerch den Informatiouns-austausch vun den Dispositifs-transfrontières-Deklaratiounen onerwünscht Lücken a Gestaltungsméiglechkeeten an den nationale Steiergesetzer besser erkenne kënnen a se da schlëssen.

Wa mir iwwert d’Dispositifs transfrontières schwätzen, da freet ee sech direkt, ëm wat et do eigentlech genau geet. Et si grenziwwerscheidend Steierkonstruktiounen oder -konstrukter, wou ee Memberstaat oder een Drëttstaat oder méi Memberstaaten implizéiert, jo, dra verwéckelt sinn. Dëse Gesetzesprojet proposéiert, dass dës Steierkonstruktiounen deklaréiert musse ginn, falls se verschidde Krittären erfüllen. Dës Krittären, Eegeschaften, och nach Marqueure genannt, sinn an enger geneeër Oplëschtung an der Annex vun dësem Gesetzesprojet ze fannen.

Dës Marqueure reflektéieren Eegeschaften, déi deene vun enger potenziell aggressiver, grenziwwerscheidender Steierplanung entsprechen a soumat e Steierhannerzéisungsrisiko mat sech bréngen. Falls en Dispositif sech duerch een oder méi Marqueuren identifizéiere léisst - et ass e bësse wéi bei enger Krankheet, do gëtt et och Marqueuren an der Blutanalys -, falls also esou Marqueure sech identifizéiere loosse, da proposéiert de Gesetzesprojet, iwwert dee mer hei diskutéieren, eng Verplichtung, fir esou Steierkonstrukter ze deklaréieren.

Dës Deklaratioun gëtt mat Hëllef vun enger Tëschchen- oder Mëttelspersoun, vun engem Intermediaire also, deen de Steierzueler begleet, gemaach oder si gëtt vum Steierzueler selwer gemaach. Wichteg heibäi ass ze bemerken, dass de Projet de loi fir verschidden Intermediären eng Dispens vun dëser Deklaratiounsverpflichtung virgesäit. Vun dëser Dispens sinn déi Intermediärë viséiert, déi engem Berufsgeheimnis ënnerleien an de Steierzueler bei Steierfroen beroden oder bei der Verwaltung vertrieben dierfen, besonnesch sinn dat d’Affekoten, d’Experts-comptables an d’Réviseurs d’entreprises. Si dräi sinn also hei gemengt. An deem Fall läit d’Meldeflicht bei deenen aneren, net dispenséierten Intermediären, déi ënnert d’Applikatiounsfeld vun dësem Gesetzesprojet falen.

Wann et där Intermediärë keng gëtt, muss de Steierzueler, wéi virdrun ugeschnidden, selwer säin Dispositif mellen. De Projet de loi gesäit dann eng Verplichtung fir déi dispenséiert Intermediärë vir, déi se verflicht, dem Steierzueler déi néideg Informatiounen fir d’Deklaratioun zur Verfügung ze stellen.

Dann e puer Wuert zu den Avisen. De Staatsrot huet a sengem Avis vum 14. Januar 2020 e puer formell Oppositionen ugekënnegt, déi duerch den Avis complémentaire vum 10. Mäerz opgehuewe konnte ginn, soudatt et vun där Säit aus gréng Luucht fir dëse Projet gouf.

Eng éischt Opposition formelle betrëfft d’Deklaratiounsdispens, déi ursprënglech op d’Affekote begrenzt war. Esou eng Disposition géif dem Staatsrot no eng ongläich Behandlung tëscht de Steierberodungsprestatairë bedeiten, vu datt d’Experts-comptables an d’Réviseurs d’entreprises net dovunner be-traff wieren. De Staatsrot freet a sengem Avis eng Ausweitung vun där Dispens op déi genannte Berufsgruppen.

Ervirzehiewen ass och, datt de Staatsrot sech schwéiergedoen huet mat der Verplichtung fir d’Affekoten, der Steierverwaltung generell Informatiounen iwwert d’Marqueure vun den Dispositiffe vun hire Clienten ze iwwermëttelen.